



gëschter nach bei engem Projet geschitt, wou den Här Di Bartolomeo sécher muer wäert drop agoen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, ech fannen dat net gutt! An ech fannen dat eng ganz komesch Prozedur. Ech géif och dofir proposéieren, Här President, ... - d'Vertrieider vun der Conférence des Présidents sinn heibannen: Dir selwer, den Här Baum, den Här Engel, Madamm Lorsché ...? Déi ass net do.

► **Plusieurs voix.** - Dach!

► **M. Marc Spautz (CSV).** - A do! A, do steet se! An d'Madamm Hansen. Ech géif dofir proposéieren, dass Der nach am Nomëtten d'Recevabilitéit vun dëser Proposition de loi decidéiert an dass de Plenum muer direkt och déi Proposition-de-loie kann unhuelen (veuillez lire: muer direkt och d'Recevabilitéit vun dëser Proposition de loi ka confirméieren).

Elo sot Der mer: „Här Spautz, dat steet net am Reglement.“ Ech wëll lech awer just soen: Et steet och net am Reglement, dass muer de Moien e Rapport gestëmmt gëtt, iwwert deen de Plenum muer de Mëtten ofstëmmt. Och do ass et méiglech, Ausnamen ze maachen, an och nach an anere Projeten.

Den Här Engel wénkt elo esou mam Kapp! Ech ginn do nëmmen d'Beispill: Haut de Moien hate mer e Projet an der Travaillskommissioun, deen ass de 4. Mäerz deposéiert ginn, an de 4. Mäerz war den Avis do vum Conseil d'État. Dee selwechten Dag, dee selwechten Datum! Dat kënn Der noliesen am Dokument, wat haut de Moien och an der Travaillskommissioun benotzt ginn ass.

Dofir nach eng Kéier mäin Appell un déi véier Leit plus lech, Här President, dass Der lech sollt direkt domat befaassen an d'Recevabilitéit erklären, a muer kann de Plenum dat maachen.

Ech wëll och dorun erënneren, an dat kann een noliesen an enger Ried vun engem vun Ären honorable Virgänger - ech mengen, et ass nach just d'Madamm Polfer, déi dat materlieft huet, wéi dee President ginn ass, an d'Madamm Reding, dat war de Léon Bollendorff -, deen 1987 gesot huet, dass et wichteg ass an der Chamber, dass dat d'Plaz ass vun der Demokratie, an dass et nach ëmmer d'Chamber ass, déi d'Gesetzter mécht, net d'Regierung, net de Conseil d'État, mee ganz aleng d'Chamber, an dass all Deputéierten d'Recht huet, sech do anzebréngen! Ech wëll nach eng Kéier dorun erënneren.

En huet och deemools gesot - a fir dat ze ënnermaueren! -, et géife jo all fénnef Joer, wann d'Verfassung misst geännert ginn, déi Artikelen, déi dee Moment fällig wieren, als reformbedürftig erkläert ginn. Déi Prozedur hu mer - Här President, ech mengen, do waart Dir och schonn derbäi - an den 90er Joren ... A nee, Dir sidd ..., nee, dat war méi spéit. An den 90er Joren ass déi Prozedur ofgeschaaft ginn. Well virdrun ass allkéiers fir d'éischt eng Lëscht festgehalé gi vun den Artikelen vun der Verfassung, déi misste geännert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, firwat soen ech dat? Stellt lech emol nëmme vir, en Deputéierte géif Loscht kréien an d'Fro stellen, ob eis Prozedur, wéi mer heibanne virginn, verfassungskonform wier. Well an der Verfassung huet den Deputéierte Rechter! An en huet och d'Recht, fir eng Proposition de loi ze maachen. An da kann et net sinn, dass déi „an der Millen“, sou nennen ech dat emol, hänke gelooss gëtt: dass et ganz laang dauert, bis se op den Ordre du jour kënn an enger Kommissioun, a wann een Amendement wëll maachen, dass dat net geet, dass een déi muss zrëckzéien!

Dofir, denkt emol nëmmen eng Kéier driwwer no, wann eng Kéier en Deputéierte Loscht géif kréien, eng Plainte ze maache virun der Cour constitutionnelle, wat dat fir d'Chamber géif bedeuten, wann deen och nach Recht géif kréie mat där Saach.

Dat gesot, Här President, Kolleegen aus der Presidentekonferenz, ech maachen nach eng Kéier den Appell: Weist, dass hei d'Haus vun der Demokratie ass an erkläert direkt déi Recevabilitéit, fir dass dat ka virugoen, fir dass och dann déi Positionen deposéiert ginn!

Ech wëll jo just hoffen, dass während där ganzer Prozedur elo net op eemol e Projet de loi deposéiert gëtt, deen dat alles iwwerhëlt, wat do ass. Well och dat géif ech bei deene leschten Evenementer, déi ech erlieft hunn, net méi ausschléissen!

Dat gesot, Här President, villmools merci. An hei sinn de Bréif an déi zwou Proposition-de-loien, wéi ech gesot hunn. Merci.

7788 - Proposition de loi portant modification du livre IV du Code de la sécurité sociale en vue d'augmenter le montant de l'allocation familiale et d'introduire une allocation complémentaire pour familles nombreuses

7789 - Proposition de loi portant modification : 1° du Code du travail ; 2° du Code de la sécurité sociale ; 3° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ; 4° de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. An ech versécheren lech, Här Spautz, dass mer elo direkt par lettre circulaire d'Averständnis vun de Membere vun der Conférence des Présidents froe fir d'Recevabilitéit. An da kënnen mer déi als Plenum muer am Ufank vun der Sitzung deklaréieren.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Spautz.

4. 7757 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement de la troisième phase du programme de dépistage à grande échelle dans le cadre de la pandémie de Covid-19

Deen éischte Punkt vum Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7757 iwwert déi drëtt Phas vum Large-Scale-Testing. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech géif dann direkt d'Wuert ginn un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, léif Kolleegen, dee Begrëff LST, Large-Scale-Testing, dierft an der Zwëschenzäit bekannt sinn. Ech gebrauchen nach ëmmer léiwer de Begrëff vu „grouss ugeluechter Testcampagne“, Nummer 1, Nummer 2, Nummer 3. An d'Nummer 3 steet fir de Projet 7757, deen ech haut däréif am Numm vun der Santéskommissioun virstellen.

Nom éischte Projet, no där éischter Campagne ab dem 25. Mee vum leschte Joer an där zweeter Campagne vum 15. September vum leschte Joer, schaaft also de Projet de loi 7757 déi legal Basis fir déi drëtt Phas vun där breeder Testcampagne, fir kënnen ze detektéieren, wien de Virus huet, wou de Virus am stärksten zouschléit, an an der Zwëschenzäit och, wéi et mat der Immunitéit ass, no deem ee vaccinéiert ass.

Dat breet Testen ass en Deel vun der Lëtzebuerger Strategie, fir d'Ausbreedung vum Sars-CoV-2-Virus ze bekämpfen. Wann een esou d'Diskussionen am Ausland e bësse verfollegt, da mécht Lëtzebuerg an deem dote Beräich net alles falsch, well an deene Länner dréit d'Diskussion dorëm, wéi se méi kéinten testen, dass se méi missten testen, dass se méi systematesch missten testen. A ganz oft fält och Lëtzebuerg als Beispill an dësem Beräich. Et ass jo schéin, heiansdo ze héieren, dass Lëtzebuerg och e Beispill ka sinn oder ass.

Déi grouss Testcampagne ass also e Monitoring-instrument, fir dat epi-de-mi-ologescht - haha, et geet ëmmer besser! - Geschéien ze iwwerwaachen, andeems se erlaabt, infizéiert Persounen, a virun allem déi asymptomatesch, ze detektéieren, se ze isoléieren an hir Kontakter nozeverfollegen, an esou Infektiounsketten ze ënnerbriechen.

Breet testen, tracen, isoléieren, grad wéi eng gutt Vue op d'Immunitéit vun der Populatioun, dat entsprécht de Recommandatiounen vun der ECDC, dem Europäeschen Zenter fir d'Kontroll vun ustiechende Krankheeten - iwwregens en Institut, dat deemools ënner Lëtzebuerger EU-Présidentschaft geschaf ginn ass.

Testen, isoléieren, tracen an Ustiechunge verhënnere bleift wichteg - méi wéi jee elo, wou d'Zuelen zwar relativ stabil sinn, mee awer ze héich, an déi nei Varianten, déi jo méi ustiechend sinn, sech ëmmer méi verbreedten. An deenen nächste Wochen a Méint, bis e gudden Deel vun eis all geimpft ass, bleiwt de Risiko vun enger neier, méi séierer Ausbreedung a vun enger neier Infektiounswell reell. An déi breet ugeluechte Campagne kann dozou bäidroen, dat ze verhënnere. Dozou bäidroen, soen ech! Et ass een Element, awer nëmmen eent ënner enger Rei, déi mer musse bäibehalen.

Wat stellt elo déi Testcampagne duer? Eng Capacitéit vu maximal 53.000 Tester d'Woch plus 1.000 serologesch Tester d'Woch. D'Dauer ass virgesi vum 25. Mäerz vun dësem Joer bis de 15. Juli vun dësem Joer, mat der Méiglechkeet ze verlängere bis de 15. September, wann néideg, dat heescht zum Beispill, wa mer bis dohin net grouss Deeler vun der Populatioun kéinten impfe respektiv wann de Virus net awer spektakulär erofgaange wär. Dës eventuell Verlängerung kéint och de Retour aus de Vakanzen an d'Schoulentrée matabegräifen.

De Käschtepunkt: Et ass net näischt! Et ass souguer ganz substanzéiell: Fir deen éischten Deel gëtt mat 42,83 Milliounen Euro an, am Fall vun enger Verlängerung, mat 64,2 Milliounen Euro gerechent. Mir kréien, fir déi dote Campagne ze finanzéieren, och europäesch Gelder, fir dat ze ënnerstëtzen. Abegraff sinn: Käschte fir d'Tester, d'Kommunikatioun, d'Invitatiounen - an där sinn et der ganz vill -, d'Hotline, d'Équipe-mobilien, d'Informatik, d'Gestioun vum Projet an dem Audit qualité, grad wéi déi juristesche Fraisen an eventuell d'Fraise vun Impre-

vuen. Wichteg ass d'Kontinuitéit vun de Phasen 2 an 3. Dat geet also nahtlos aneneen iwwer.

Déi Campagne huet eng grouss Flexibilitéit, fir op d'Infektiounsgeschéien ze reagéieren: bei der Zuel vun Tester, mee virun allem, fir testen ze goe ronderëm Infektiounsherden, zum Beispill an den Altersheemer, a Schoulen, bei bestëmmte Kategorië vu Persounen, a bestëmmten Aktivitéitsberäicher oder a bestëmmte Regiounen, wa méi wéi eng ... déi eng oder déi aner Infektiounskette sollten optauchen.

D'mobill Ekippe gi verstärkt. Méi serologesch Tester, fir Anticorpsen an den Immunitéitstaux vun der Populatioun feststellen, dat gëtt verstärkt. Ufanks sinn et sechs Testzentren, déi fonctionéieren.

Zousätzlecht Zil, am Verglach zu där zweeter Campagne: d'Teste vu geimpfte Persounen, fir Erkenntnisser iwwert d'Effikassitéit vun der Impfung ze kréien an d'Ustiechungsrisiko vu geimpfte Persounen ze iwwerwaachen.

Déi drëtt Campagne viséiert also och vaccinéiert Persounen, Persounen, déi méi en héije Risiko hunn, sech unzestiechen, déi allgemeng Populatioun, Persounen, déi reesen, de Clustertesting - also do, wou eng kohärent Populatioun zesumme-kënn oder wou an deem Grupp méi Infektiounen optauchen -, an den Dépistage sérologique, deen ausgebaut gëtt.

Bilan vun där éischter Campagne: Modellisatiounen am Kader vun enger wëssenschaftlecher Etüd iwwert déi éischt Phas sinn zur Konkusioun komm, dass ouni déi dote Campagne an d'Mesuren, déi opgrond vu positiven Tester am Kader vun där Campagne geholl goufen, d'Ustiechungen am betreffenen Zäitraum vum 25. Mee bis de 14. September ëm 42,9 % méi héich gewiescht wären.

Bei där zweeter Campagne, déi nach net ofgeschloss ass - mee vu dass dat awer geschwé wäert sinn, an de provisoereschen Zuelen no -, ass méi getest ginn a méi positiv getest ginn wéi an där éischter, an et kann een dovun ausgoen, dass déi verhënnert Ustiechungen zanter dem 15. September nach méi héich si wéi bei där éischter Phas.

Elo zu dem Projet selwer an der Prozedur, déi en duerchlaft huet: Den Avis vum Conseil d'État vum 23. Februar war positiv. De Conseil d'État huet drop insistéiert, dass den Datum soll preziséiert ginn, wat mer dann och gemaach hunn. A mir hunn och d'Prozedur bei enger méiglecher Verlängerung explizéiert.

De Conseil d'État huet weider no engem präzise Bilan vun den Depensé vun de vergaangene Phasen, vun deenen zwou Campagnë gefrot - eng Fro, déi net nëmme vum Conseil d'État, mee virdrun och an eiser Santéskommissioun opgeworf ginn ass. Ech mengen, dat och ganz zu Recht. Op eis Demande hi krute mer eng provisoeresch Opstellung zougestallt, grad wéi den Accord iwwert de Kofinanzement vun där zweeter Campagne duerch de FEDER.

De Staatsrot huet och d'Fro opgeworf, ob an awéiwäit eventuell net genotzte Capacitéit vun der Tester sech op d'Depensé géifen auswirken. D'Käschte vun net genotzten Tester, déi op alle Fall mussen disponibel sinn, fir de Fall wou se gebraucht ginn, grad wéi d'Personal fir déi Tester duerchzeféieren an och de Rescht vun der Logistik dierften zwar manner Depensé bedeuten, mee finanziell net allze staark an d'Gewicht falen, well se nëmmen e klengen Deel vun den Depensen duerstellen.

Do war ee Moment e Mëssverständnis opkomm, well doduerch, dass dräimol sou vill Invitatiounen erausginn, wéi Leit am Endeffekt getest ginn, hätt ee sech kënnen virstellen, dass d'Erspuernisser vill méi grouss wären. Nun ass et awer esou, dass déi Relatioun vun Invitatiounen a Getesten net direkt däréif matenee verglach ginn, well vill méi Invitatiounen, de toute façon, erausgeschéckt gi sinn. An d'Differenz zwëschent de Getesten, de reell Getesten, an de Capacitéiten, déi ass weesentlech méi kleng, wéi een dat op den éischte Bléck hätt kënnen mengen. Dat geet och aus dem schrëftleche Rapport eraus.

En anere Sujet an der Kommissioun waren d'Schnelltester an déi sogenannte Selbsttester. Hei war et d'Prezisioun, dass de PCR-Test och weiderhin de Standard bleift - well awer e Krack méi sécher -, accessoirement awer och Selbsttester kënnen agesat ginn. Am Allgemenge sinn d'Testcampagne an d'Schnelltester complémentaire.

D'Kommissioun huet och festgestallt, dass et um Marché an och am fräie Verkaf - insbesondere bei engem vun eisen Noperen - ëmmer méi Schnelltester a Selbsttester gëtt an dass dat an noer Zukunft wäert weider an déi dote Richtung goen. Dofir ass et zum enge wichteg, zolidd Partnerschaften, ënner anerem mat den Apdikter, ze strécken, Recommandatiounen ze formuléieren, wa se dann disponibel sinn, wa se dann och als sécher empfonnt ginn, fir dass et net zu Verwirrung kënn an net zu Ustierm kënn, wéi mer déi zum Beispill am Ausland gesinn.

Also: Mir brauchen eng gutt Kommunikatioun a Sensibilisatioun iwwer esou Schnell- a Selbsttester,

wéi se ze handhabe sinn, wat se bréngen, wat se aussoen, wat se net aussoen, wéi de Suivi dovou gemaach gëtt an esou weider.

Zu gudder Lescht nach d'Informatioun, dass den Optrag fir déi drëtt Campagne iwwer eng Procédure négociée vergi gouf, dat mat der Grénger Luucht vun der nationaler Commission des soumissions, wat och och un d'Membere vun der Santés- a Sportskommissioun virugereecht ginn ass.

Zur Konkusioun: Här President, mam Testen, do si mer Weltmeeschter! Mat Schnelltester, déi sech breetmaachen - an déi klassesch PCR-Tester kënnen ergänzen, wa se sënnavoll agesat ginn -, mat der Impfcampagne, déi lues awer sécher virukënn, mat ... - jo, Dir wësst, wat ech mengen! - ...

► **Une voix.** - Nee, wat dann?

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - ... an deene bewäerte Schutzmoosnamen, fir sech selwer an déi aner ze schützen, wäerte mer dee Virus Meeschter ginn an eventuell Öffnungen wirk-sam kënnen begleeden. An deem Sënn invitéieren ech d'Chamber, dësem Projet Gréng Luucht ze ginn.

An ech bréngen direkt och den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen lech alleguer Merci, dass Der mer nogelauschert hutt.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - An e spezielle Merci fir all déi Kolleegen an der Santéskommissioun an all déi Leit, déi matugepaakt hunn, fir dee Projet à bon port ze bréngen. Et ass mir eng Eier, mat lech an där Kommissioun zesummenzeschaffen. Villmools merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo villmools Merci.

Ech ginn d'Wuert weider un deen éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass deen honorabelen Här Georges Mischo. Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Georges Mischo (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, léif Kolleegen, just eng kleng Remark ganz am Ufank vun der Sitzung: Ech fannen et awer schued, dass op der Regierungsbänk bis elo bei dësem wichtege Projet de loi nach kee komm ass, respektiv dass virun allem d'Gesondheetsministesch nach net hei ass. Mee mir hoffen natierlech alleguerten, dass se de Wee heihinner nach féint.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Georges Mischo (CSV).** - Voilà. „Aller guten Dinge sind drei“, oder: « Jamais deux sans trois » - hoffentlech stëmmen dës Spréchwierder, op d'mannst wat de Covid betrëfft, a mir brauchen no dëser Phas kee Large-Scale-Testing méi! Ech denken, dat wier jidderengem säi grouse Wonsch, well deen „Drecksvirus“, wéi de Kolleg Georges Engel hei op dëser Plaz schonn eng Kéier gesot hat, nervt. En nervt jiddereen, an dat scho vill ze vill laang!

De Large-Scale-Testing war séier een Deel vun der Strategie vun der Regierung am Kampf géint de Covid-19, soudatt mëttlerweil déi drëtt Phas usteet. Dir wësst et all: Ech war a menger Interventioun op dëser Plaz, den 21. Juli d'lescht Joer, en long et en large drop agaangen, datt et méi wéi onglécklech war, datt mir net mam Finanzement vun der éischter Phas befaasst gi waren. Ech brauch déi Kriticken also net méi ze widerhuelen.

Mir als CSV-Fraktioun hunn deemools, trotz enger Rei Remarken, de Finanzement vun der zweeter Phas mat engem Käschtepunkt vu 60,7 Milliounen Euro hors TVA matgestëmmt, well et fir eis kloer war, datt et dee Moment keng Alternativ zum Large-Scale-Testing ginn ass, och wann dat mat sech bruecht huet, datt mir, am Géigesaz zu eisen Nopeschlänner, héich Zuelen haten, wat d'Neiinfektiounen ugeet. Doduerch - an dat ass mëttlerweil och dacks genuch vun Experte widerholl ginn - hu mir awer eng vill méi niddreg Donkelziffer, wat d'Infektiounen ugeet.

D'Madamm Hartmann vun der Demokratescher Partei hat iwwregens eng ganz interessant Question parlementaire zum Large-Scale-Testing gestallt. An der Madamm Gesondheetsminister hir detailléiert Äntwert féiert zu enger ganzer Rei Feststellungen:

Éischtens emol wier et gutt an opportun gewiescht, wa mir als Chamber esou e Bilan ganz offiziell virgestallt kritt hätten. Dowéinst froen ech elo schonn op dëser Plaz, datt, wann déi drëtt Phas vum Large-Scale-Testing haut sollt de Feu vert vun der Chamber kréien, mir duerno och en detailléiert Bilan presentéiert kréien, mat de Konkusiounen, déi dëse Bilan hiert gëtt.

Wat schued ass, dat ass, datt et keng ventiléiert Donnéeën vun der éischter Phas vum Large-Scale-Testing gëtt, well dann hätt een déi zwou Phase besser kënnen matenee vergläichen. Esou wësse mer just, dass den Taux de réponse global vun der éischter Phas bei 39,4 % louch. An der zweeter



Phas geet et vun engem Taux de participation vun 33,2 % rieds. Wann een elo bei der éischter Phas nach erauserechent, datt een décke Prozent vun deenen, déi e Rendez-vous geholl haten, net ugetruede sinn, esou muss een awer e Réckgang feststelle vun der éischter op déi zweet Phas.

Do stellt ee sech elo dann d'Fro: Op wat ass dës zréckzeféieren? Wat sinn d'Ursaachen heifir an ass dat evaluéiert ginn? Da stellt sech natierlech d'Fro, wéi et wuel bei der drëtter Phas wäert ginn.

Well Dir hutt et all am Text vum Projet gelies: Déi drëtt Phas kascht eis während 18 Wochen am Ganze 40,8 Milliounen Euro, dat si ronn 2,265 Milliounen Euro d'Woch. Déi maximal Capacitéit sinn 53.000 Tester, wéi de Mars Di Bartolomeo et schonn erwänt huet, pro Woch. Ech géif mer wënschen, mir kéinte wierklech esou vill Leit an enger Woch impfen. Falls d'Situatioun et verlaangt, kënnen mer dann duerno och nach eemol ronn 20,4 Milliounen Euro noschëssen, fir dass den LST och iwwert d'Summervakanz ka gezu ginn. Dee Moment wiere mer da bei engem Total vu 64,24 Milliounen, mat den Imprevuen.

De Rapporteur, deem ech iwwregens op dëser Plaz wëll Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport, ass op d'Erkenntnisser vum Large-Scale-Testing bis elo agaangen, soudatt ech dat net nach eng Kéier muss hei widerhuelen.

Ech wëll zu dëse gewonnenen Erkenntnisser just op eng ganz interessant a pertinent Remark vum Collège médical hiweisen, deen zu Recht a sengem Avis vum leschten 10. Februar seet, datt déi Leit, déi der Invitatioun vum Large-Scale-Testing nokommen, wuel gréisstendeels déi sinn, déi eng gesond Hygiène de vie hunn an déi gutt op déi noutwendeg sanitär Mesuren oppassen a se ganz gewëssenhaft anhalen, soudatt d'Pertinenz vun den Zuelen aus dem LST muss relativéiert ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer awer elo eng Rei Froen a Remarken zu der drëtter Phas vum Large-Scale-Testing, well d'Ausgangssituatioun ass awer haut eng ganz aner, wéi et nach am Juli d'lescht Joer de Fall war: Mir hunn d'Impfstoffe géint de Covid, wann och net allze vill; mir hu Schnelltester, wann och net allze vill; dofir kréie mer et awer ëmmer méi mat neie Mutatiounen ze dinn. Aus dëse Grënn a well, mer et wëssen an allguerte mierken am Alldag, d'Leit es midd sinn - jidderene ass um Enn mat senger Gedold, vill Geschäftsleit ginn um Zännfleisch, den Horeca-Secteur leit enorm -, mussen mer dës drëtt Phas vum Large-Scale-Testing awer kritesch hannerfroen an eis eng gewësse Flexibilitéit ginn.

De Large-Scale-Testing mobiliséiert extreem vill medezinnescht a paramedezinnescht Personal, soudass dës Manpower och kéint agesat ginn, fir zouverlässeg Schnelltester ze maachen, déi an der Zukunft kéinten zu méi kontrolléierten Ouverture vun eenzelne Secteuren, och am Privatberäich, féieren.

Wann ech scho bei de Schnelltester sinn, da profitéieren ech vun der Geleeënheet, fir meng Fro aus der Heure de questions, déi net konnt beäntwert ginn, elo ze stellen: Ech si virgëschter vun enger Escher Apdikt gefrot ginn, ob mir als Gemeng hinne kéinten e Sall zur Verfügung stellen, fir Schnelltester kënnen ze maachen. Et muss ee wëssen, dass eng Apdikt fir esou Tester eng separat Entrée muss hunn, fir d'Clientèle eventuell kënnen ze trennen. Ech war als Burgermeeschter iwwerrascht, well mir nach nëcht vun offizieller Säit gefrot gi sinn, respektiv nach näischt dovunner woussten. Kann d'Madamm Minister eis, wa se hei ass, do e puer Prezisiounen ginn? Well zu Esch misste mer dann aacht Säll fannen, fir all Apdikt ze friddenstellen, an d'Stad Lëtzebuerg nach vill méi. Mat all de Covid-Recommandatiounen ass dat keen einfachen Exercice fir grouss Gemengen.

Ech kommen dann op de Large-Scale-Testing zréck an op de Projet de loi. D'Fro ass, ob d'Personal vum Large-Scale-Testing och kéint agesat ginn, am Fall wou mir sollte kuerzfristeg awer nach Impfdose kréien, soudatt mir do endlech géife virukommen - virun allem, wann ee weess, dass Enn Abrëll, Ufank Mee och sonndes soll geimpft ginn. Well eventuell wier et ab engem gewëssene Moment vill méi sënnavoll, all dës Leit esou anzusetzen, dass se kéinten dozou bäidroen, gewëssen Ouverturen ze erlaben, déi gutt encadréiert wieren a wou de Risiko vun enger neier Hausse vun den Infektiounszuelen esou kleng wéi méiglech wier.

Den Objectif vun der drëtter Phas vum Large-Scale-Testing gétt jo schonn ugepasst, laut den Aussoe vun den Auteurs vum Text, un déi Besoinen, déi mir an den nächste Méint hunn. D'Équipe-mobille gi gestärkt, notament fir sech op d'Strukture fir eeler Leit a vulnerabel Leit ze konzentrieren. Dës ass och noutwendeg! Well mir wësse jo all, datt leider a villen Haiser ganz vill Leit ewechefall sinn. Mir dierfen déi Strukturen, wou déi Responsabel sech ganz vill Méi ginn, net aleng loossen, mee mer müssen hinnen all Ënnerstützung ginn, a mobil Ekippe si sécherlech een Deel dovun.

D'Fro ass, wéi dann elo de Large-Scale-Testing gemaach gëtt: Bei de Bewunner? Beim Personal? A wéi gëtt ënnerscheet tëschent deenen, déi geimpft sinn, an deenen aneren? Ass dat mat a Betruecht gezu ginn? Well soss gëtt jo ënner Ëmstänn vill onnëtz getest.

D'Test-sérologique sinn awer och e wichtege Facteur, well d'Leit mat genuch Anticorps jo nach besser geschützt sinn, och wann d'Fro ass, wéi et weidergeet mat der Immunitéit, wann ëmmer méi nei Mutatiounen optauchen. Elo sollen da beim Large-Scale-Testing och Leit matgetest ginn, déi scho geimpft sinn, och fir d'Effektivitéit vun der Impfcampagne ze suivéieren.

Dat ass alles schéin a gutt, mee déi breet Populatioun ass jo nach laang net geimpft, soudatt et am Moment just bedéngt novollzéibar ass. Mat de momentane Prognosen, wéi mer d'Vaccine kréien, wäerten och bis zum Enn vun der drëtter Large-Scale-Testing-Phas net genuch Leit hei am Land geimpft sinn, fir datt gréisser Erkenntnisser doraus kéinte gewonnen ginn. Dat ass op d'mannst meng Angscht. An ech géif mech wierklech freeën, wann ech mech hei géif ieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt also, dass sech fir déi drëtt Phas an den Ae vun der CSV-Fraktioun nach eng ganz Rei Froe stellen, notament wat an dësem Moment soll d'Prioritéit vun de Moyene sinn, déi am Kampf géint de Covid-19 agesat sinn. Et misst e prezisiert Konzept vum Testen, Schnelltesten an Impfen op den Dësch, wou e kohärent Zesummespill erkennbar ass a wat och Sënn mécht. Esou e Konzept läit leider bis elo nach net vir. Eng kloer Exitstrategie ass nach net ze erkennen.

Ass de Large-Scale-Testing nach den Outil, op dee mer am Moment solle setzen, oder wier et net méi sënnavoll, dës Moyenen, Manpower fir den Asaz vu Schnelltester respektiv dem séieren Impfen anzusetzen?

Aus all dëse Grënn enthalte mir eis als CSV-Fraktioun bei dësem Projet de loi.

■ **Plusieurs voix.** - O!

■ **M. Georges Mischo (CSV).** - Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Mischo. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Hei leeft nach eng Auer.

Voilà.

Elo si mer schonn e gutt Joer mat där ganzer Pandemie hei geplot. Eist Liewen huet sech, kann ee soen, wierklech praktesch komplett verännert. A leider ass och nach net en Enn ofzegesinn.

Ech ka mech nach erënneren un den Ufank Mee d'lescht Joer, wéi mer den 10. an de 17. Mee nëmmen zwee nei Fäll haten. Den 1. Juni war souguer nëmmen een neie Fall. A mir hate grouss Hoffnung, mir hätten dat Graffst hannerun eis. Mee du koum de Covid nach eng Kéier mam decken Hummer no. Enn Juni ass et dunn erëm rapid an d'Luucht gaangen an et koum erëm zu méi héijen Infektiounszuelen, dat natierlech och virun allem bedéngt duerch déi verschidde Mutatiounen.

Mir haten d'lescht Woch 1.194 nei Infektiounen. Dat waren der awer zumindest 9,1 % manner wéi dann nach déi Woch virdrun. Mee dat wëllt awer net heeschen ... Mer mussen weiderhi ganz vigilant bleiwen.

Et gëtt natierlech déi eng oder déi aner Liichtblécker. Ech wëll och drop hiweisen, datt den US-Pharmakonzern Merck elo e Medikament op de Maart bruecht huet, wat, no éischten Tester jiddefalls, och e relativen Optimismus kann opkomme loossen. Mee och do soll een trotzdem nach ganz vursichteg sinn.

Ech mengen, et ass also ganz evident, datt mer zu dësem Zäitpunkt hei zu Lëtzebuerg nach wie vor ganz kloer op d'Teststrategie setzen. Ech mengen, mir waren dat Land, wat ganz fréi den LST ... An ech si ganz mam Mars Di Bartolomeo d'accord: Dat Wuert „Large-Scale-Testing“ fannen ech och net super. Et gëtt bestëmmt Besseres, mee mäi Gott, et ass nun eeben esou. Mir liewe jo an enger Welt, wou déi englesch Termen ëmmer méi lwwerhand huelen; och an eiser Sprooch. Et ass awer gutt, datt mer elo awer och emol méi Abléck kruten zum Beispill an de Finanzement vun deem ganze Large-Scale-Testing. Mir krute jo do an deene leschte Woche méi Informatiounen ënnerbreet.

Natierlech bedeuten déi Tester awer och, datt se munches un d'Uewerfläch bréngen. Engersäits, geet d'Donkelziffer natierlech erof, op där anerer Säit ass et allerdéngs esou, datt ee muss e fundamentalen Ënnerscheed maachen zwëschent deenen offiziell Infizéierten an deenen tatsächlech Infizéierten. Jiddefalls, eppes muss een och hei ënner-

sträichen: datt d'Infektiounskette jo awer kënnen duerch den LST hei ënnerbrach ginn.

Et ass awer och wichteg, datt mer déi Leit, déi solle getest ginn, no engem kloere Konzept eraussichen. Sécher ass et heiansdo schwéier nozevollzéien, wann een héiert, datt eenzel Leit scho siwen-, aacht-, néngmol getest goufen, anerer nach iwwerhaupt net. Mee ech hunn trotzdem Vertrauen an dat Konzept a firwat deen een oder deen anere méi oft getest gëtt wéi soss iergendeen.

Mir sinn elo op engem Rhythmus vun 53.000 Tester d'Woch. Dat ass schonn eng immens Leeschtung, dat muss een hei ënnersträichen! Et gëtt jo och e Comité de pilotage, deen u sech d'Invitatiounen vu Woch zu Woch upasst a kuckt: Wou muss elo méi spezifesch getest ginn? Wie muss geruff ginn? Dat heescht, do sinn da geografesch Ursaachen oder och sektoriell Ursaachen, déi do matberücksichtigt ginn.

Wat och positiv ass: datt déi Leit, déi an d'Ausland furen - a mer hunn der do jo net nëmmen, déi an d'Vakanz ginn, mir hunn der och, déi sech mussen berufflech an d'Ausland deplacéieren -, awer och d'Méiglechkeet hunn, sech schonn am Virfeld testen ze loossen. Wat och gutt ass - an dat geet, mengen ech, aus dësem Gesetz nach verstärkt eraus -, dat sinn déi sougenannt Équipe-mobillen, déi dann natierlech och kënnen vill méi effikass agesat ginn. Virun allem denken ech do natierlech och un eis Schoulen.

Déi Tester sinn natierlech an enger permanenter Evolutioun. Wann een, loosse mer soen, déi Tester hält, déi mer virun engem Joer gebraucht hunn, an et vergläicht een déi mat deene vun haut, da ass do awer schonn en Ënnerscheed. Et kann een also ëmmer schonn erëm vun enger neier Generatioun schwätzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Etüd „Covid-19 Task Force“ huet et wierklech op de Punkt bruecht. Déi huet ganz kloer ënnerstrach: Wann d'Akzeptanz, fir sech testen ze loossen, méi grouss wär, da kéinte vill infizéiert Fäll nach verhënnert ginn. Ech wëll drop hiweisen, datt si zum Beispill elo vun 1.800 Fäll schwätzen, déi hätte kënnen verhënnert ginn an der zweeter Phas, wann, wéi gesot, d'Leit méi Gebrauch gemaach hätte vun der Offer vun dem Large-Scale-Testing.

Dat ass natierlech eng Zuel ... An 33 % ass plus ou moins d'Zuel vun deenen, déi am Fong deem Opruff nokomm sinn. Dat ass, et muss een dat ganz éierlech soen, awer decevant! An duerfir soll een net midd ginn, ëmmer erëm drop hincweisen, wéi wichteg et ass, wann een eng Invitatioun krut, datt ee sech awer och teste léisst.

Et héiert een och heiansdo, ech géif scho bal soen, déi onméiglechst Ursaachen, firwat deen een oder deen anere sech net teste léisst. An dat ass awer net nozevollzéien! Et dierf een och net vergiessen, datt d'Zuel vun deenen, déi do detektiéiert ginn, zwar nëmmen zwëschen 0,9 % an 1,2 %-1,3 % läit, mee trotzdem ass dat awer schonn e relativ héijen Taux. An dat dierf ee jiddefalls net ënnerschätzen.

Duerfir ass et och gutt, datt mer elo eeben, wéi gesot, déi drëtt Phas hei alauden. A wat ech och positiv fannen: Se ass jo a priori just bis Mëtt Juli virgesinn, mee gläichzäiteg ass och eng Rallonge méiglech bis Mëtt September. Mir brauchen dat Gesetz hei also net nach eng Kéier extra unzepassen.

Mee haut maache mer dat méiglech, fir datt mer gegebenefalls och nach kënnen iwwer Mëtt Juli eraus testen. Firwat? Ma aus deem ganz einfache Grond, well een, éischstens, net weess, wéi sech déi ganz Pandemie nach entwéckelt an, zweetens, well mer jo och versichen, déi Leit, déi scho geimpft sinn, och hei matzeintegrieren an de System vum Testen.

Et ass scho virdrun hei gesot ginn, datt elo e Marché négocié ausgeschafft ginn ass, fir datt mer déi Tester och esou séier wéi méiglech zur Verfügung hunn. Dat ass net méi wéi normal! Ech mengen, mir sinn an enger aussergewöhnlecher Situatioun. A mir sollen och do d'Marché-publics-Gesetz ganz genee ausreizen, fir datt mer déi beschtméiglech Konditiounen schafen, fir eeben och esou séier wéi méiglech beliwuert ze gi mat deenen Tester. Natierlech müssen déi gesetzlech Dispositiounen ëmmer respektéiert ginn.

Wa mer natierlech bei dem Large-Scale-Testing sinn, si mer och ganz séier bei dem Contacttracing. Dat ass nun déi logesch Konsequenz, an déi muss och fonctionéieren. Ech weess, do hat et am Ufank vläicht e bësse Problemer ginn. Entre-temps ass do awer e gudder Rhythmus entstanden: De Moment leie mer bei plus ou moins 200 den Dag - woubäi den Direkter vun der Santé, den Dokter Schmit, eis jo erkläert huet, datt do och nach Sputt no uewe wier an datt ee kéint bis op 300 bis 400 Tracungen den Dag kommen. Dat wier jo trotzdem schonn awer och e gudder positiver Fortschritt.

Dann ass de Questionnaire jo och elo neierdéngs zur Verfügung gestallt ginn. Iwwregens sinn ech emol frou, datt mer och als Deputéierte lues a lues

ëmmer méi Hannergrondinformatiounen kréien. Dat mécht et engem awer och zumindest e bësse méi einfach, duerch dee ganzen Dschungel vun allen administrativen Aarbechten duerchzeblécken. Ech mengen, et wier jo och gutt, wann dat an deem Rhythmus géif virugoen, datt mer ëmmer erëm déi néideg Informatiounen och als Deputéiert kréichen.

Wéi gesot, dee Questionnaire léisst dee Moment awer och villes zou, dat ee kann analyséieren. Do geet et virun allem drëms, wou genee déi Leit sech opgehalen hunn, wat fir eng Mesures préventives se geholl hunn, a virun allem awer och, wéi laang se schonn a Kontakt ware mat enger positiver Person.

Do ass et och esou, datt zum Beispill 89 % vun deene Leit, déi infizéiert gi sinn, dat gréisstendeels beim lessen oder beim Drénken erwëscht hunn, fir et emol esou auszedrécken. Dat erkläert natierlech dann och ganz séier, firwat mer nach ëmmer an där dach deplorable Situatioun sinn, datt den Horeca-Secteur nach ëmmer zou ass. Ech mengen, dat deet jiddwerengem wéi, ganz kloer. Et ass dat, wat engem vläicht souguer heiansdo nach mat am meeschte feelt. Et schéngt jo awer, wéi wa sech eng kleng Lueur d'espoir géif um Horizont opmaachen, datt mer vläicht ufanks Abrëll do e bësse besser an d'Zukunft kéinte kucken.

Laut de Fachleit gëtt et jo awer ronn 4.000 Mutatiounen am Spike-Protein! Dat hu jiddefalls elo kierzlech Wëssenschaftler ganz kloer nach eng Kéier matgedeelt. Bei eis sinn et natierlech virun allem zwou Varianten: Dat sinn an éischter Linn natierlech déi brittesch, awer och déi südafrikanesch, déi eis ganz vill Misär maachen.

Dat heescht also och: D'Rapiditéit vun den Tester muss nach eropgesat ginn, virun allem natierlech bei deene Leit, déi Symptomer hunn. Da si mer natierlech och schnell bei de Schnelltester. Och do ass u sech eng positiv Entwécklung feststellen. Mir hoffen och, datt déi méi generaliséiert ginn, datt een dee Moment dann och praktesch innerhalb vu Stonne ka Leit a Quarantän setzen an datt een awer och een, dee positiv ass, dee Moment éischter, wéi gesot, kann detektiéieren.

Da muss een och soen, datt déi Schnelltester jo zumindest awer och méi agreabel sinn, datt se net esou déi Inconveniente kënnen matbréngen, wéi dat bei deene classesche PCR-Tester ass.

Déi Schnelltester kann ee sech iwwregens haut scho beschafen. Gitt op den Internet, dann hutt Der déi Méiglechkeet! Et ass jo och virgesinn, datt dat haut och hei zu Lëtzebuerg an noer Zäit soll méi verallgemengert ginn, datt ee se net nëmmen an den Apdikten, mee vläicht dee Moment herno och souguer am Supermarché ka kréien. Et si jo och ouni Zweifel ëmmer besser Produiten um Maart. Allerdéngs muss een och hei op d'Éierlechkeet vun deem Einzelne setzen, wa mer déi Selbsttester maachen, datt een awer dann och zu deem steet, wat dobäi erauskënn.

Virun allem kënnen déi Schnelltester an Zukunft - an dat ass jo och virgesinn - méi an den Altersheime agesat ginn, a virun allem och an de Schoulen. Ech wëll hei drop hiweisen, datt jo ab dem 22. März e Pilotprojet a véier Grondschoulen an an zwéi Lycéee soll lafen, wat u sech nach e bessert Bild gëtt, wéi d'Situatioun an de Schoulen insgesamt ass.

Natierlech ass dat do och eng Fro vu Präis. D'Regierung huet jo, zumindest zu dësem Zäitpunkt, gesot, datt se elo nach net kéint derzou iwwergoen, fir déi Schnelltester gratis zur Verfügung ze stellen.

Dann hu mer natierlech nach eng drëtt Méiglechkeet, dat sinn déi sougenannt „Spauttester“. Och do si mer an enger Ufanksphas. Déi schéngen zwar manner effikass ze sinn, natierlech och nach méi agreabel. Och do muss een d'Entwécklung eeben elo ofwaarden.

D'OMS seet, datt et bei den Tester wichteg ass, datt se u sech 80 % Effektivitéit hunn. Elo gëtt et awer op där anerer Säit Spezialisten - zu deenen ech net gehéieren, duerfir maachen ech den Interpret vun deenen -, déi awer soen oder zumindest d'Fro stellen: „Ass et net méi sënnavoll, mir teste méi reegelméisseg mat Tester, déi vläicht manner effikass sinn, wéi mat gudden Tester, déi awer nëmmen onreegelméisseg agesat ginn?“ Dat ass eng Fro, déi awer ouni Zweifel och hei diskutéiert soll ginn.

Mir sinn dann och séier bei de Covid-19-Bluttester, bei deene sougenannte „serologeschen Tester“. Och do gëtt jo an dëser Phas, an dëser drëtter Phas, virgesinn, fir déi nach méi staark ze benotzen, wat och eng ganz gutt Saach ass. Déi kënnen da feststellen, ob ee scho mam Virus a Kontakt war respektiv ob een Anticorpsen entwéckelt huet.

Da gëtt et awer natierlech och Leit, déi vläicht e bësse Problemer hunn, fir an déi Centres de dépistage vum LST ze kommen; ech mengen, ech denken do virun allem och un déi eeler Matbierger. Dat ass en Aspekt, dee mer net dierfen ënnerschätzen. Am Hierscht war jo den Adapto-Bus ofgesat ginn - dat huet jo zu enger Rei Diskussiounen gefouert, deen



ass elo zënter dem 5. Februar erëm agefouert ginn. Allerdéngs muss een deen iwwer Telefon bestellen, et kann een dat net online maache respektiv iwwer eng App. Mee zumindest ass do awer erëm eng Besserung agetratt.

Jiddefalls ass et esou: Et kann net d'Ursaach sinn, dass eng Persoun sech net teste léisst, well se keen Accès zu dem Centre de dépistage huet! Do mussen also all Méiglechkeeten an d'A gefaasst ginn. Woubäi een awer fairerweis och muss soen: Déi meescht Centres de dépistage befanne sech op Park & Ride-Parking, respektiv op Plazen, wou och den Accès mam éffentlechen Transport gréisstendeels garantéiert ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, wa mer hei an haut iwwert déi drëtt Phas schwätzen, da komme mer awer och net derlaanscht, e puer Wuert iwwert d'Impfcampagne ze verléieren, well jo awer eng direkt Relatioun besteet zwëschtendär drëtter Phas an och dem Impfen.

Do ass natierlech och emol fir d'éischt festzehalen - op Basis vun deenen éischte Chifferen -, dass ee leider muss erkennen, dass nach eng gewësse Retizienz besteet, fir sech impfen ze looszen. An net méi spéit wéi de Moie si mer jo och bei RTL gewuer ginn, dass sech zum Beispill ënnert dem Fleegepersonal eréischt 68 % Impfe gelooss hu vun deenen, déi awer schonn eng Invitatioun kruten.

Ech perséinlech fannen dat allerdéngs liicht bedenklech: Wa sech natierlech net massiv geimpft gëtt, da risikéiere mer awer och, d'Pandemie net an de Grëff ze kréien. Dowéinst ass dee Message do och ëmmer erëm wichteg ze widderhuelen. Well et si jo awer do schonn immens Efforte gemaach ginn: Mir hunn de Moment 5 Centres de vaccination mat 64 Impfstroossen, 9 bis 10 Leit d'Stonn kënnen an der Reegel do geimpft ginn - woubäi och do nach Sputt no uenen ass, hunn ech mer soe gelooss, an zwar bis 10-11, soudatt ee kann op 35.000 Vaccinen d'Woch kommen, wat jo awer schonn en erhefleche Chiffer ass.

Dann ass virdrun och schonn hei ugeschnidde ginn: Wéi kënnen mer den Impfprozess nach verbesseren? Iwwert de Wee zum Beispill vun den Apdikten. An dat ass evident. Et ass och verständlech, dass d'Apdikten natierlech hiren Immeubel net onbedéngt wëllen zur Verfügung stellen, fir deen Akt ze vollzéien.

Hei ass virdrun geschwat gi vun de Gemengen. Ech selwer hat et schonn thematiséiert an der Kommissioun. Effektiv, et sinn Apdikten, déi un eenzel Gemengen erugetruede sinn. An ech mengen op alle Fall, hei wier et scho bal eng Pflicht vun de Gemengen, fir hei ze hëllefen, fir eebe Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen.

Well d'Gemengen hunn déi Raimlechkeeten an d'Gemenge sollen och dee Gest maachen - natierlech ënner Berécksiichtigung vu sämtlechen noutwendegen Krittären, mee hei soll een den Apdikten entgéintkommen. Vläch wier et awer och net schlecht, wann och vu Regierungssäit en Appell - vläch iwwert de Syvicol - un d'Gemenge kéim, dass wann eng Demande vun enger Apdikt kënnt, dass d'Gemeng deem och sollt dee Moment nokommen.

Natierlech ass dat, wéi gesot, wat e bëssen deploabel ass, dass awer d'Akzeptanz vun Impfen nach net an deem Mooss ass, wéi ee sech dat virstellt, besonnesch um Niveau vun den Altersheemer. Et gëtt awer och natierlech eng Rei kontrovers Diskussiounen. Et gëtt och Leit, déi mengen, dass d'Niwierkunge vun dem Impfen einfach ze vill schlëmm wieren - woubäi awer och d'Spezialiste soen, zumindest Laangzäitwierkunge géifen et beim Vaccinéieren net ginn.

Datt et Abuse gëtt, ech mengen, dat hu mer déi lescht Wochen hei erlieft. Dat wëll ech och net weider kommentéieren. Ech hoffe just, dass mer net an deen Zenario komme vum George Orwell, dee jo gesot huet: "All animals are equal, but some animals are more equal than others." Ech hoffen, wéi gesot, dass dat awer elo hei zu Lëtzebuerg net wäert de Fall sinn.

Da wëll ech awer och nach op eppes hiweisen, wat awer liicht enttäuschend ass: dass sech elo och um Niveau vun der Europäescher Unioun gewëssen Aléingäng bemierkbar maachen. Ech wëll nëmmen Éisträich nennen; ech wëll Dänemark nennen, déi sech elo mat Israel zesummendinn. Och dat ass net ganz gutt fir den Esprit d'équipe, fir et emol esou ze nennen, vun enger Europäescher Unioun. Mee Lëtzebuerg schéngt jo do, an ech hoffen ..., och net matzemaachen.

Dann därf een och net esou naiv sinn - wann ech schonn nach beim Impfe sinn - ze mengen, dass et net awer géif lues a lues zwou Kategoriën ginn: an zwar éischstens déi Leit, déi geimpft sinn, an zweetens déi Leit, déi net geimpft sinn. Et gëtt iwwerall gesot: „Impfe soll a muss fräiwëllig bleiwen!“ Dat ass ganz kloer. Dat soll och net a Fro gestallt ginn, mee et soll een awer net esou naiv sinn a mengen, dass sech mat der Zäit do net awer op eemol géif en Ennerscheid erausschienen.

Ech ginn lech ee Beispill. Net méi spéit wéi geschter huet Griichenland zum Beispill decidéiert, ab Mee hir Häfen erëm fir Croisiéerschëffer opzemaachen - dat zesumme mat Malta an Israel -, allerdéngs mat enger Oplag, ganz kloer: Et därfen nëmme Leit op déi Schëffer, déi dee grénge Impfpass hunn. An ech si bal iwwerzeegt, dass dat doten eng Entwécklung ass, déi eréischt am Ufank ass, an dass mer wäerten an den nächste Wochen a Méint ëmmer méi eng Differenz kréien zwëschtendene Leit, déi geimpft sinn, an deenen, déi net geimpft sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffe jiddefalls, dass mer haut fir d'lescht e Large-Scale-Testing-Projet gestëmmt hunn. Dat wier natierlech flott. Muer stëmme mer am Prinzip d'Verlängerung vum Covidgesetz, wou jo u sech quasi de Status quo bäibehale gëtt. Ech hunn et virdrun schonn ugeleid. Hoffentlech kënnt et awer an deenen nächste Wochen a Méint zu enger éischter Ouverture, virun allem um Niveau vum Horeca. Dat hënk natierlech awer och erëm dervun of, ob, wéi gesot, d'Akzeptanz méi grouss gëtt, éischstens, fir sech beim Large-Scale-Testing ze engagéieren an, zweetens, virun allem, fir sech och impfen ze looszen.

Jiddefalls, d'Demokratesch Partei steet ganz kloer hannernt dësem drëtten Projet vum Large-Scale-Testing. Mir fannen dat dee richteg Wee, och wann dee Wee natierlech Geld kascht. Mee dat muss et eis wäert sinn. Ech bréngen och dowéinst d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei. Ech wëll awer och nach dem Kolleg Mars Di Bartolomeo e ganz grouse Merci aussprechen. Hien ass jo besonnesch gefuerdert vun eis an deene leschte Wochen a Méint. Mee bis elo mécht en dat jo exemplaresch. An ech weess, mat senger Vitalitéit wäert en dat och nach déi nächst Woche maachen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Präsident*.** - Ech soen dem Häre Gusty Graas Merci. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Häre Marc Hansen. Häre Hansen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Hansen (*déi gréng*).** - Dir Dammen an Dir Hären, ganz schnell huet Lëtzebuerg sech an der Pandemie Moyene ginn, fir breet an d'Gesellschaft eran ze testen. D'Zil war an ass et, asymptomatesch Covidkranker, déi de Virus unbewosst verbreed, erauszefilteren an och d'Donkelziffer ze reduzéieren. Dëst ass eng Recommandatioun vun der WHO an der ECDC.

D'ECDC plädéiert « en faveur d'une „capacité étendue de test dans l'intérêt d'une bonne surveillance épidémiologique, détection précoce, isolation des cas positifs, traçage des contacts, évaluation de l'immunité collective et reprise de l'activité“. »

Lëtzebuerg ass do un der Weltpéit. Gläichzäitig kann een duerch flächendeckend Tester awer och Erkenntnisser iwwert de Virus kréien: Wéi a wéi schnell verbreet e sech? Hëllefen d'Mesuren, déi agefouert ginn, seng Verbreedung anzudämmen? Kritt een duerch de Large-Scale-Testing awer och Informatiounen, a wéi enge Beruffgruppen e sech méi verbreet an a wéi enge Regiounen e méi optrëtt an a wéi enge manner?

D'Strategie zu Lëtzebuerg besteet awer net nëmmen aus Testen, mee och aus Tracen, Isoléieren a mëttlerweile och aus Sequenziéieren fir ze wëssen, wéi eng Mutatioun vum Virus zirkuléieren. Well och dat en Effet op d'Evolutioun vum Covid huet.

Kee Land test esou vill wéi Lëtzebuerg. déi gréng begreissen dëst, well mer der Iwwerzeugung sinn, dass et en effikassen Outil an der Bekämpfung vun Sars-CoV-2 ass, och wann dat vill Testen eis deelweis Schwierigkeete mécht, well d'Resultater aus dem Kontext erausgerappt ginn a Lëtzebuerg deelweis dohigestallt gëtt, wéi wa mer mat eise Mesuren, déi mer par rapport zu deenen Infektiounszielen huelen, irresponsabel wäeren.

Eis Mesurén ginn awer net just par rapport zu den Infektiounszielen geholl, mee par rapport zu engem Ensembl vu Krittären: D'Beleung vun de Spidolbetter, an do besonnesch déi op den Intensivstatiounen, d'Stierfäll, de Reproduktionsfacteur an natierlech och d'Gesamtunzuel vun den Tester par rapport zu de positiven Tester gi mat a Betrecht gezunn.

Kucke mer de Verglach mat Däitschland, da gesi mer, dass si am Moment op ëm déi 100 Neiinfektiounen pro Dag pro Millioun Awunner leien, a mir bei ëm déi 270. Dat ass en enorm Ennerscheid, mee mir maachen an der Lescht 14 Tester pro Dausend Awunner, an Däitschland 2. Mir testen deemno siwemol méi.

Eise Positivitéitsstaux ass mat ëm déi 2 % dräimol manner héich wéi an Däitschland, wou en ëm 6 % läit. Bei de Sterbfäll lounge Lëtzebuerg Ufank Januar mat enger siwen-Deeg-Moyenne pro 1 Millioun Awunner bei ëm déi 8 Doudger, ass Enn Januar erofgaangen op 2 bis 4, ass op deem Niveau ganz laang bliwwen an ass leider déi lescht Deeg erëm erop op 7 Doudger gaang, wat zu Lëtzebuerg eventuell duerch en Hotspot ze erkläre wär. D'Madamm

Ministesch kann eis do vläch e puer Erklärungen ginn.

An Däitschland waren et Ufank Januar 10 Sterbfäll, Mëtt Januar 8, an et ass progressiv erofgaangen, bis elo op 3.

Dës, just fir ze soen, dass et net evident ass, Vergläicher zwëschen Länner ze maachen, a besonnesch mat engem Land, dat eigentlech just aus engem eenzege Grenzgebitt besteet, mat enger oppener Ekonomie, déi vill Frontalieren am Land schaffen huet. Et kann een eis net mat iergendengem Bundesland oder Landkreis vergläichen. Duerfir ass et fir déi gréng wichteg, dass mer eis spezifesch Situatoun mat den Nopeschregiounen ofschwätzen.

D'Groussregiounsministesch huet jo gesot, dass Diskussiounen lafen, fir eng Teststrategie an der Groussregioun op d'Been ze stellen. De Large-Scale-Testing kéint eng gutt Basis dofir sinn. Do sinn d'Frontaliere jo souwiso scho matabezunn. Mir géifen et extreem begreissen, wann dëst géif zustanekommen. Dat kéint och e Modell ginn, fir aner Géigenden an der EU. déi gréng sinn der Meinung, dass d'Kräfte solle gebündelt gi géint de Virus an net mat Grenzschrëssunge solle verschwent ginn.

Här President, mir si mëttlerweile bei der drëtter Large-Scale-Testing-Phas ukomm. Ier ech op dës aginn, wëllt ech kuerz op déi zwou éischt Phasen agoen.

Als éischt wëllt ech bemerken, dass de Large-Scale-Testing net unanime akzeptéiert ass, mee dass et och Kriticker gëtt. Hei e puer Punkten, déi vu Kriticker geäussert ginn: Si bemängelen, dass net genuch Leit participéieren, dass d'Zoustelle vun de Resultater ze laang dauert, dass den Ofstréch am Hals manner effikass ass wéi deen an der Nues. Des Weidere gëtt gesot, dass 80 % vun de positive Resultater net duerch de Large-Scale-Testing, mee iwwer Ordonnance an den normale Laboe fonnt gi wäeren. Dobäi géif en awer vill Laboscapacitéit brauchen.

D'Fro, déi natierlech am Raum steet, ass, ob de Budget fir de Large-Scale-Testing a Relatioun zum Benefiss steet. Weider gëtt sech d'Fro gestallt, ob et net méi sennvoll wär, geziilt ze testen, anstatt nom Zufallsprinzip duerch déi ganz Gesellschaft.

déi gréng bleiwen der Meinung, dass de Large-Scale-Testing e wichtegen Outil am Kampf géint de Covid-19 ass, niewent dem Testen op Ordonnance, dem Tracen, dem Isoléieren, den Distanz- an Hygiënesmesuren an natierlech den Impfungen. Fir de gudden Fonctionnement ze garantéieren, muss de Large-Scale-Testing Hand an Hand goe mam Tracing. An et muss garantéiert ginn, dass dee ka korrekt funktionéieren.

Mir fannen awer och, dass sech mat de Kriticker muss auserneegesat ginn - wat jo och geschitt. Esou beleet eng Studie vum LIH d'Effikasitéit vum Large-Scale-Testing. Ausserdeem huet e sech jo och entwéckelt an de Besoinen ugepasst. Mat den Équipes mobiles kann ee méi cibléiert virgoen, andeems se dohinner ginn, wou d'Infektiounen sinn, dëst zousätzlech zu den Invitatiounen duerch den Zufallsprinzip.

Duerch de Large-Scale-Testing kréie mer awer och epidemiologesch Donnéeën a Gesondheitsdonnéeën, déi mer soss net kréichen an déi awer wichteg si fir d'Verständnis vum Virus. Dëst ass eise Bäitrag fir déi international Fuerschung.

Fir e gudden Fonctionnement vun engem Screening, wéi de Large-Scale-Testing een ass, ze garantéieren, ass et awer och wichteg, dass en um Terrain richtig ëmgesat gëtt. Am Projet de loi steet, dass am Budget Sue fir e Qualitätsaudit virgesi sinn. déi gréng begreissen, dass e Qualitätscheck virgesinn ass, besonnesch wann et ëm e Budget an der Gréisstenuerdnung vu 40 Milliounen bis 65 Milliounen Euro geet.

Et wär interessant ze wëssen, ob esou en Audit an de Phasen 1 an 2 dann och scho gemaach ginn ass a wat d'Resultat dovunner ass. D'Josée Lorsché an ech hunn dozou och schonn eng Question parlementaire gestallt gehat, wou mer awer leider bis haut nach keng Äntwert drop kritt hunn.

Niewent de wëssenschaftleche Kriticken, gëtt et awer och där politescher, notament déi, dass mir doduerch, dass mer ze vill testen, eng defavorabel Positioun par rapport zum Ausland schafen, well mer dann als héichinfektiéis kënnen agestuft ginn. Dozou wëll ech ganz kloer soen, dass déi gréng der Meinung sinn, dass de Large-Scale-Testing e wichtegen Outil am Kampf géint de Covid ass. Manner ze testen an domat e manner gutt Bild iwwert den Infektiounsstand vun eiser Gesellschaft ze hunn an domat d'Donkelziffer an d'Luucht ze drécken, just fir dass aner Länner eis sollen anescht astufen, ass fir eis keng Optioun an ass onverantwortlech.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Hansen (*déi gréng*).** - Et ass nämlech och duerch de Large-Scale-Testing, dass mer eis Economie net esou vill hu müssen zumaachen, wéi zum Beispill an Däitschland, an dass mer d'Schoule konnte gréisstendeels op looszen. Och d'Ophiewe

vu Restriktiounen kënnen duerch de Large-Scale-Testing begleet ginn.

Dir Dammen an Hären, wat sinn d'Objektiver vun der drëtter Phas vum Large-Scale-Testing? Wéi an de Phase virdrun geet et drëm, esou vill wéi méiglech asymptomatesch Positiv ze detektéieren, fir dass déi kee weider kënnen ustiechen. Duerch d'Tracé vun dëse Positive ginn dann d'Infektiounskette gebach. Domat kréie mer d'Infektiounen net komplett eliminéiert, mee et erlaabt eis, d'Situatioun ënner Kontroll ze halen an d'Belaaschtung vum Gesondheitssektor ze reduzéieren.

Wat sinn d'Elementer, déi par rapport zu der zweeter Phas ausgebaut ginn oder nei sinn?

Éischstens, d'Capacitéit vun den Équipes mobiles gëtt eropgesat. Déi gréng begreissen dëst extreem, well mer der Meinung sinn, dass déi vill méi a méi cibléiert mussen agesat ginn, do, wou de Risiko vun Hotspots besteet.

Zweetens ginn déi serologesch Antikierpertester weidergefouert, fir den Immunitéitsstau an der Populatioun kënnen ze suivéieren.

Drëtzens, well jo nach net definitiv gewosst ass, ob d'Impfung virun enger Infektioun schützt oder just virun engem schwéiere Verlaf, gëtt an der Phas 3 och gekuckt, wéi d'Infektiounen bei de geimpfte Persounen evoluéieren. Wichtig ass, dëst an der Invitatioun fir de Large-Scale-Testing och ze erwänen, soss wäerte vill geimpfte Leit kee Sënn am Testen erkennen an eventuell net méi drun deelhuelen.

E weidert wichteg Element vun der Teststrategie, dat zwar net am Kader vum Large-Scale-Testing analyséiert gëtt, dass awer vun der ECDC stärkstens recommandéiert gëtt, ass de Sequençage vun de Virusvarianten, déi zirkuléieren. Lëtzebuerg mécht elo scho weltwäit mat déi meeschte Sequençagen: cibléiert, fir den Infektiounsketten nozegoen, an och flächendeckend, fir genau ze wëssen, wéi vill Prozent vu wéi enge Mutatiounen zu all Moment aktiv sinn. Och wann dëst net iwwert de Large-Scale-Testing finanziert gëtt, esou wäerten awer och déi Positiv aus dem Large-Scale-Testing sequenziert ginn.

Kolleginnen a Kollegen, ech wëllt méi am Detail op verschidde Punkten aus dem Projet de loi agoen. Positiv ze bewäerten ass, dass déi Leit, déi e Rendez-vous am Large-Scale-Testing huelen, deen och anhalen. Esou sinn, Stand 21. Januar 2021, vu 712.650 Rendez-vousen an den Drive-in-Stationen 703.908 Prelevementen getätigt ginn, wat engem Taux d'adhésion vun 98,8 % entsprécht.

Allgemeng ass den Taux de participation awer ze niddreg. An der Etüd vum LIH steet, dass an der Periode vun der Etüd ouni de Large-Scale-Testing mat 39 % méi Infektiounen ze rechnen gewiescht wär. Gläichzäitig wär bei enger 100%eger Participatioun awer mat enger zousätzlecher Reduktioun vun 41 % ze rechnen gewiescht. Interessant ass och, dass ouni Tests 46 % méi Leit op den Intensivstatiounen gewiescht wäeren an dass ee bei enger 100%eger Participatioun eng weider Reduktioun vu 60 % hätt kënnen erreechen.

Et ass also nach Potenzial do, fir d'Leit méi staark ze schützen an eise Gesondheitssystem weider ze entlaaschten. Et ass also nach Potenzial do, fir d'Leit méi staark ze schützen an eise Gesondheitssystem weider ze entlaaschten.

Och wa vu Regierungssäit bewosst méi Invitatiounen erausgeschéckt ginn, wéi Rendez-vous geholl ginn, weist den Taux de participation vu just 33,2 %, dass vill Leit sech nach net bewosst sinn, dass si kënnen asymptomatesch positiv sinn an esou hiren Entourage kënnen ustiechen. Et ass duerfir wichteg, genau ze analyséieren, ob den Taux de participation queesch duerch d'Gesellschaft niddreg ass oder just bei verschidde Bevölkerungsgruppen. Falls et bei verschidde Bevölkerungsgruppen ass, misst gekuckt ginn, firwat, a geziilt Sensibiliséierungscampagnen gemaach ginn, fir eng besser Participatioun ze erreechen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen nach eemol kuerz op d'Équipes mobiles zrëck. Et ass wichteg, dass d'Équipes mobiles weider an d'Strukture fir eeler a vulnerabel Leit fueren an do reegelméisseg Kontrolle maachen, bis genuch Leit geimpft sinn an och garantéiert ass, dass se sech net méi kënnen ustiechen, respektiv just nach ganz schwach Symptomer kënnen kréien. Wann dës Équipes mobiles do awer manner gebraucht ginn, ass et wichteg, si op anere Plazen anzesetzen. Engersäits an der Schoul, wa mer wëllen, dass eis Kanner - déi als Lescht wäerte geimpft ginn, an domat den Infektiounen am längste wäerten ausgesat sinn -, kënnen weider an d'Schoul goen. Well dat fir hir Entwécklung essenziell ass, muss mir och garantéieren, dass si an d'Enseignanten dat ënnert deene beschtméigleche Konditiounen kënnen maachen. Duerfir muss méi konsequent an de Schoule getest ginn. Dozou ziele reegelméisseg an awer och geziilt Tester.

Den Educationsminister huet jo ugekënnegt, dass en an de Schoule méi Schnelltester wëllt asetzen.



Dëst ass eng Strategie, déi déi gréng absolutt begrëssen, och wann dëst net ënnert dem Large-Scale-Testing gemaach gëtt.

Anerersäits misst och méi geziilt a verschiddene professionelle Beräicher getest ginn, besonnesch do, wou méi en héijen Infektiounsrisiko besteet a wou d'Participatioun ze wënschen iwwreg léisst. Ech denken hei zum Beispill un den Horeca- an de Bausecteur.

De Collège médical ass a sengem Avis zu dësem Projet de loi och der Meenung, dass nach méi cibléiert misst getest ginn. Hie schreift: « Ne serait-il pas plus utile de cibler plus systématiquement le large scale testing sur les personnes exposées à de nombreux contacts interpersonnels », wéi travailleurs d'entreprises, élèves, étudiants, voyageurs, « voire vulnérables », wéi d'Maisons de retraite, d'Maisons de soins?

An der Etüd vum LIH ass festgehalen ginn, dass ab engem Taux de positivité vum 150 Infektiounen op 100.000 Awunner pro Woch, déi gesamt Berufsgruppen aus deene betroffene Regiounen solle komplett duerchgetest ginn, fir esou schnell Infektiounsketten ze brieche. Hei kéinten d'Équipes mobiles zum Asaz kommen.

Et wär deemno wichteg, Konzepter mat de verschiddene Beruufssecteuren auszeschaffen, fir den Taux de participation an d'Luucht ze setzen. Och méi geziilt Informationscampagnë wärend wichteg. Wéi kéint een dat zum Beispill am Horeca- an am Bausecteur maachen, wou jo wéineg Leit an de Large-Scale-Testing gaange sinn? Wéi kënn een un d'Frontalieren, wou nëmmen 22 % participéiert hunn? Wann d'Leit net an de Large-Scale-Testing ginn, da muss de Large-Scale-Testing bei si goen.

Eng weider interessant Konkusioun aus dëser LIH-Studie ass, dass asymptotesch Infizéiert just liicht manner ustiechend si wéi symptotescher. Et ass also absolutt sënnavoll, de Maximum un Asymptoteschen ze detektéieren.

Här President, et muss ee sech awer och d'Fro stellen, ob net op aner Testméiglechkeete wéi de PCR-Test soll kënnen zrëckgegraff ginn, déi méi accessibel si fir d'Leit. Ech wëilt hei e puer Wuert iwwert d'Schnelltester verléieren, déi ee kéint complementaire zu de PCR-Tester asetzen, och am Kader vum Large-Scale-Testing.

Et ass gewosst, dass d'Schnelltester net esou sensibel si wéi d'PCR-Tester, mee si hunn den Advantage, dass se vill méi schnell e Resultat bréngen a méi breet kënnen ugewannt ginn. Et ass also e gudden Outil, fir op Plazen anzesetzen, wou schnell e Resultat gebraucht gëtt a wou vill Leit schnell musse getest ginn. Si bidden och d'Méiglechkeet, fir méi oft ze testen. D'Schnelltester gi jo elo schonn an de Schoulen, an de Centres de compétence, am Sport an an de Maisons de soins agesat. Ausserdeem si se an engem Projet pilote an der Rockhal ënner strenge sanitäre Konditiounen getest ginn. Schnelltester kënnen e weidere wichtige Schrëtt am Kampf géint de Covid sinn, fir der Gesellschaft erëm lues a lues verluere Rechter zrëckzeginn.

Duerfir brauche mer awer gewësse Konditiounen: verlässlech Tester, déi och sensibel genuch sinn, grouss Quantitéiten vum Tester, déi einfach disponibel sinn, wa méiglech ouni allze groussen Opwand ze handhaben sinn an natierlech fir jiddereen zu engem akzeptable Präis ze kréie sinn. Et kann net sinn, dass déi eng sech kënnen Tester leeschten an déi aner net.

D'Fro stellt sech natierlech och, a wéi enge Fäll dës Schnelltester ënnert der Kontroll vun enger externer Person musse gemaach ginn oder wéini d'Leit kënnen eegen Tester maachen. Et muss also definiéiert ginn, wou een en zertifizéierten Test brauch - zum Beispill fir Reesen, fir konform ze sinn zu de Reesbestëmmungen aus deene verschiddene Länner - a wou ee keen zertifizéierten Test brauch, mee wou d'Leit sécherheetshallwer selwer en Test kënnen maachen, wa se sech wëlle mat der Famill oder mat Frënn treffen, fir esou den Infektiounsrisiko ze minimiséieren.

Et muss och definéiert ginn, wien e Resultat vun engem Schnelltest kann zertifizéieren. Et schéngt mer logesch, dass dat déi selwecht Persounen, Professions de santé sinn, déi no enger Formatioun PCR-Tester dierfe maachen. Hei mussen awer kloer Prozeduren definéiert ginn, wéi dat soll emgesat ginn, besonnesch och en vue vum Melle vu positiven Tester.

Wichteg ass awer och, en enkt Netz opzebauen, wou Schnelltester kënnen gemaach ginn. Dofir brauch een net nëmme Leit, mee deemno wéi och Lokaler. Dofir wär et gutt, schnell mat de Gemengen ze kucken, ob si Lokaler zur Verfügung kéinte stellen. D'Josée Lorsché an de François Benoy hunn dozou eng Question parlementaire gestallt.

Dir Dammen an Dir Hären, mam Weiderféiere vum Large-Scale-Testing iwwerhëlt Lëtzebuerg weiderhi seng Responsabilitéit, fir d'Pandemie an de Grëff ze kréien. Tëscht 45 a 65 Milliounen Euro ginn an d'effentlech Gesondheet an domat an déi sanitär

Sécherheet investéiert. Mee och d'Wirtschaft vun eise Land profitéiert dovunner! Laut Studie vum LIH huet de Lockdown e Verloscht vun 3.200 Euro vum PIB pro Kapp pro Mount mat sech bruecht. Wat méi Leit teste ginn, wat déi ekonomesch Repercussioune manner grouss sinn, well de Risiko, an de Lockdown ze goen, manner grouss ass.

■ **M. André Bauler (DP).**- Ganz gutt!

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).**- Esoulaang mer nach kee kollektive Schutz vun der Bevëlkerung duerch eng breet Impfung hunn a soulaang net kloer ass, dass d'Impfung d'Iwwerdroung ënnerbënn, brauche mer weiderhin eng grouss Testcapacitéit, fir déi positiv Fäll a besonnesch déi asymptotesch ze identifizéieren. De Large-Scale-Testing ass, mat senger méiglechen 53.000 Tester pro Woch, e wichtige Bausteen am Kampf géint de Sars-CoV-2, deen zesumme mam Tracing hëlleft, d'Infektiounsketten effikass ze stoppen. Ausserdeem wäert de Large-Scale-Testing eis och zousätzlech Erkenntnisser zur Iwwerdroung vum Virus bei Geimpften liwweren.

Aus all dës Grënn ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi, net ouni awer dem Rapporteur Mars Di Bartolomeo e grouse Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Marc Hansen villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken en härezeleche Merci dem Rapporteur, dem Här Mars Di Bartolomeo, fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Bei dëser drëtter Verlängerung vum LST stellt sech d'Fro, wat de Käschten-Notze-Facteur ass. Nom momentane Wëssensstand muss een de Large-Scale-Testing hannerfroen an dëst opgrond vu follgende Fakten:

Éischtens: Mir stelle fest, dass groussflächeg Tester hei zu Lëtzebuerg schrecklech vill Geld kascht. An dobäi war ofgemaach ginn, dass och déi aner EU-Länner dës sollte maachen, wat dës awer net maachen. Mir froen eis: Wéi vill Länner hu sech wierkelech un dës Ofmaachung gehalen?

Zweetens: De Large-Scale-Testing soll elo ab Mäerz an déi drëtt Phas goen. An hei fällt grad op, an dat gëtt ons ze denken, dass et ënner Experten heiheim ëmmer méi grouss Kriticke gëtt un dëser Teststrategie vun der Regierung. Staark Zweifel deemno um breeden Teste vun der Populatioun, besonnesch och par rapport zu den héije Käschten. „De Large-Scale-Testing ass en Echec!“, esou sot zum Beispill en Infektiolog viru ronn dräi Wochen an engem Interview um 100,7.

Och international Experte rodendervun of, wéi zum Beispill den Här Michael Müller an den Här Jan Kramer vum Verband vun den akkreditéierte Laboen aus Däitschland. Déi soen dat heiten zum Flächen-testen: „[...] weder medizinisch angemessen noch epidemiologisch effektiv, sondern letztendlich eine nicht notwendige Verschwendung von Finanzmitteln.“ A si warnen: „Wir haben immer auch die begrenzten Ressourcen unseres Gesundheitssystems im Blick zu behalten.“ Souwäit déi däitsch Fachleit.

Drëtens: De Large-Scale-Testing hat och net dobäi gehollef, fir de komplette Lockdown am Dezember ze vermeiden. Iwwer 80 % vun de positive Fäll wieren net duerch de Large-Scale-Testing entdeckt ginn, soen Experten.

Véiertens: D'Konkurrenz tëscht dem Large-Scale-Testing an de regulären Tester géif zu Retarde féiere bei der Zoustellung vun de Resultater an hätt och en Impact op de Contacttracing, deen ënner Émstänn net méi kéint korrekt gemaach ginn. Indirekt géif de Large-Scale-Testing deemno d'Verbredung vum Virus favoriséieren, sou en Epidemiolog.

Fënneftens: Et stellt sech och d'Fro vum Käschtenopwand vum Large-Scale-Testing. An der éischter Phas vum Large-Scale-Testing, déi 32 Milliounen Euro kascht hat, goufe bei 566.320 Tester 1.099 positiv Fäll entdeckt, de Contacttracing matagerechent. Den Opwand, fir e positive Fall ze entdecken, wier also ganz héich, seet de Virolog Jacques Kremer. De Käschtspunkt fir d'Fanne vun engem positive Fall läit also bei 29.000 Euro.

Sechstens: De Large-Scale-Testing provoziert héich Zuelen. D'Fro, déi sech heizou stellt: Firwat huet zum Beispill eis Grenzregioun mat Däitschland mat deem praktesch gläiche sozialen Ëmfeld wéi Lëtzebuerg manner héich Zuele wéi mir? Dobäi kommen aus där Regioun all Dag iwwer 48.000 Mënschen bei ons schaffen. Ech mengen, dass muss een am Verglach och emol erwänen.

Här President, als ADR soe mir awer och, dass d'PCR-Tester musse weiderhin ugebuede ginn, besonnesch fir punktuell Clustere kënnen ze begéinen a fir Auslandsreesen an déi aner Länner, déi en ne-

gativen Test bei der Arees verlaangen. D'PCR-Tester sollen, wéi dat och am Ausland gemaach gëtt, och kënnen op Ordonnance vun engem Dokter gemaach ginn.

Dobäi ass elo festzustellen, dass mer haut an anere Konditiounen si wéi dunn, wéi mer de Large-Scale-Testing ugefaangen hunn. D'Impfung sinn ënner anerem een entscheidenden neie Facteur. Mir bedauern dobäi, dass d'Regierung et net fäerdegbruecht huet, méi Impfdosen ze organiséieren iwwert d'EU. Mir hoffen, dass et geschwé ka méi séier viruoen, an hei poche mir als ADR och weiderhin op d'Fräiwëllegkeet, wat d'Impfung géint de Coronavirus ugeet. Och nach eng Suggestioun: Ech mengen, wann d'Leit uruffen, fir an en Impfzenter ze goen, a se musse stonnelaang waarden, ier se duerchkommen, da sinn och scho vill Leit, déi d'Flemm hunn. Ech krut dat nach gëschter Owend a mengem Frëndeskrees zougedroen, ech soll dat mol hei virdroen.

Zweetens: Nei ass elo, dass mer Schnelltester hunn, déi der ganzer Bevëlkerung kënnen zugestallt ginn. D'Leit solle mol esou séier wéi méiglech kënnen Schnelltester bei medezinneschem a paramedezinneschem Personal maachen, also virun allem bei Dokteren an Apdikter.

Iwwert de Gebrauch vun de Schnelltester op méi enger breeder Basis, wat Chancen, awer och Risiken huet, do muss mer nach virun diskutéieren. Opgrond vun all dësen Iwwerleeungen an Argumenter muss ee sech d'Fro stellen, ob mer dann nach de Large-Scale-Testing brauchen, ob en nach justifiéiert ass, vu dass jo och déi aner Länner hei net matmaachen.

Als ADR stëmme mir dës drëtt Verlängerung net mat a setzen op Impfungen, Schnelltester a méi e cibléierten Asaz vu PCR-Tester.

An dann nach zum Schluss: Als ADR hu mer e Bréif agereecht un d'Präsidentin vun der Comexbu (ndlr: Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire), fir an dëser Kommissioun eng Diskussioun ze féieren iwwert d'Käschten an den Notze vum Large-Scale-Testing zu Lëtzebuerg am Kontext vun der Covidpandemie an d'Opportunitéit, fir e Spezialrapport vum Rechnungshaff zu där Thematik ze froen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen. An da wier et um honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Käschten-Notze-Rechnungen ze maachen, ass eppes immens Komplexes. D'Chamber huet zënter dem Ausbroch vun der Pandemie bis elo 1,2 Milliarden Euro votéiert fir Militärprojeten. Komescherweis gëtt do keng Käschten-Notze-Rechnung gefrot.

Natierlech muss ee sech d'Fro stellen, net onbedéngt nëmmen en vue vun de Käschten, mee iwwerhaupt vum Notze vum Large-Scale-Testing - de Large-Scale-Testing, deem seng zweet Phas op jidde Fall mat grousser Majoritéit vun der Chamber votéiert ginn ass, eng Majoritéit, zu där och déi Lénk gehéiert hunn. An ech mengen, dass, wat d'Effikassitéit ugeet, een awer duerchaus soe kann, dass et wëssenschaftlech Publikatiounen gëtt. An „The Lancet“, wat jo awer eng Publikatioun ass, déi eng Referenz ass, déi kënn eeben zur Konkusioun, dass et eng Effikassitéit gëtt vum Large-Scale-Testing, dass 40 % manner Infektiounen duerch de Large-Scale-Testing an engem bestëmmten Observationszäitraum - ech mengen, dat war bis de 15. September - konnte festgestallt ginn. An dës Publikatioun ass och duerch eng Peerreview gaangen, dass heescht, et waren net nëmmen d'Auteuren, déi zu där Konkusioun komm sinn, mee och aner Wëssenschaftler, déi dat gekuckt hunn.

Et muss een och feststellen, dass et awer och eng wëssenschaftlech Recommandatioun vun der ECDC ass, vum European Centre for Disease Prevention and Control, dee seet: „Mee dat do ass de Wee: Dir, d'Länner, musst vill méi testen; Dir musst kucken, eng Systematik an d'Testen eranzekréien.“ An zumindest den Usproch vun där Systematik vun deem Testen hat de Large-Scale-Testing als Projet, déi zweet Fassung dovunner, déi hei votéiert ginn ass.

A mer stellen och fest, dass aner Länner, respektiv bestëmmte Regiounen an anere Länner, och wëllen op de Wee goen, fir eng Systematik am Testen ze hunn, déi sech zwar vläicht net Large-Scale-Testing nennt, awer verdammt no drun ass un deem, wat hei gemaach gëtt, soudatt een, op jidde Fall aus eiser Perspektiv, zur Konkusioun kënn, dass de Large-Scale-Testing duerchaus sënnavoll ass, dass en duerchaus och Resultater virzeweisen huet. A mer begrëssen och, dass an dësem Projet, also déi drëtt Variant dovunner, dann och verstärkt op d'mobill Ekippe gesat gëtt, déi vill méi staark a vill méi séier kënnen sur place goen, do, wou eventuell Clusteren entdeckt ginn.

Dëst sinn alles, mengen ech, ganz positiv Saachen, déi een duerchaus och ernimme muss. Mee leider

hält et net domadder op, mat där positiver Beschreibung. A mir hunn als Lénk eigentlech dräi gréisser Problemer mat deem Projet, dee mer hei virleien hunn.

Éischtens ass de Large-Scale-Testing fir sech an aleng gekuckt en Outil, deen zwar interessant ass, mee deen eréischt funktionéiert am Kader vun enger iwwergeuerdenter Strategie. An déi Strategie, déi heescht: Testen, tracen an dann isoléieren. Elo ass et awer esou, dass mer zu Lëtzebuerg no där Phas, déi och wëssenschaftlech erfuerscht ginn ass bis Enn September, an enger Situatioun waren, wou den Tracing net méi funktionéiert huet an domadder natierlech och iergendwéi dat ganz Kaartenhaus, wou den Large-Scale-Testing een Deel der-vunner war, zumindest a Fro gestallt war - well wann déi Kette vun testen, tracen an isoléieren net méi esou funktionéiert, jo, dann ass de Large-Scale-Testing natierlech och a Fro gestallt.

An déi Fro stellt sech awer weider, well mir hu Rapporten, mer kréien all Woch Rapporte vun där Taskforce, déi erëm eng Kéier ausgi vun enger exponentieller Well, déi op eis duer géif kommen an deenen nächste Woche respektiv Méint, déi vergläichbar wier mat där Well, déi mer am Oktober, November hatten. Et muss een natierlech och soen: Déi Taskforce, déi seet ganz vill, wann den Dag laang ass, an déi Taskforce huet sech och scho ganz dacks - glécklecherweis! - geiert.

Dat heescht, déi Fro ass net nëmmen eng vun den Testcapacitéiten, mee och vun den effentlechen Tracingcapacitéiten, déi mer hunn. Mer sinn an der Kommissioun gewuer ginn, dass déi Tracingcapacitéiten opgestockt gi sinn, wat mer natierlech och begrëssen. Nawell stellt sech d'Fro: Ass de Large-Scale-Testing och am Fall vu Picke vun der Pandemie wierkelech en néidegen Outil? Dat ass awer éischter eng generell Bemierkung an op jidde Fall net e Grond, fir net derfir ze stëmmen.

Wat awer scho méi problematesch gëtt an eisen Aen: Et ass festzustellen, dass just een Drëttel oder e knappen Drëttel vun der Populatioun iwwerhaupt un deem Projet Large-Scale-Testing, deen awer e gesellschaftlechen ass, deelhëlt. An domadder ass d'Haapteffikassitéit vun deem sënnavollen Outil an eisen Aen awer zumindest a Fro gestallt.

A wat mer am meeschte bedauern, dass ass, dass keng Ursachefuerschung gemaach gëtt, firwat de Large-Scale-Testing just vun engem Drëttel vun der Populatioun an Usproch geholl ginn ass. Wat sinn d'Ursachen? Kann een dat erausfannen? Sinn et sozioekonomesch Ënnerscheeder tëscht de Leit, déi d'Large-Scale-Testing-Invitatioun wouerhuelen, an deenen, déi se net wouerhuelen? Sinn et sozio-kulturell Ënnerscheeder? Sinn et eventuell Communautéiten a Gemengen, déi iergendwéi duerch d'Informatioun, oder wéi eng Grënn och ëmmer, net drun deelhuelen? Dat ass, mengen ech, wichteg ze verstoen.

An do hu mer net genuch Informatiounen, respektiv ech mengen, dass d'Regierung sech net déi néideg Méi gemaach huet, fir dat wierkelech erauszefannen. Gëtt et geografesch Ënnerscheeder géif ginn, ma da kéim en aneren an d'Spill, en Acteur, dee bis elo an der ganzer Pandemiebekämpfung nach iwwerhaupt bal net an d'Spill komm ass a op deen och den Här Mischo virdrun agaangen ass: Dat sinn nämlech d'Gemengen. Missten d'Gemengen dann net vläicht och mathëllefe bei der Akzeptanz vum Large-Scale-Testing? Mee da misst een d'Gemenge vun Ufank un als Partner vun esou engem Modell matdenken a se net herno viru Fait-Accomplié setzen.

Bon, an et ass dunn op eemol gesot ginn: „Jo, aus Dateschutzgrënn kënnen mer verschidden Donnéeën net matenee vergläichen.“ Am Covidgesetz hu mer extra Ausnahme gemaach, wat den Dateschutz ugeet, fir wëssenschaftlech Analyse kënnen ze maachen. An hei bräichte mer se! Hei bräichte mer se dréngend, fir d'Effikassitéit vum Large-Scale-Testing an d'Luucht ze setzen. Well wa mer dat net hunn, da risquéiert de Large-Scale-Testing zu engem awer relativ deiere Spillgezei ze gi vun enger Minoritéit vun der Populatioun. Zu där ech gehéieren! Ech si bis elo nëngmol an de Large-Scale-Testing invitéiert ginn an ech hunn et nëngmol wouergeholl. Ech war glécklecherweis och nëngmol negativ. Mee d'Fro stellt sech jo awer: Ass dee Large-Scale-Testing net eppes, wat sech just op e bestëmmten Deel vun der Populatioun beschränkt? Esou wéi de Collège médical dat och suggeréiert huet. Wann dat esou ass, da muss mer géigesteieren. An da muss mer eis och d'Instrumenter ginn, fir kënnen géigenzesteieren.

Dat ass eppes, wat ech also kritesch muss zum Large-Scale-Testing, zu der zweeter Phas, bemierken, an elo och zum Iwwergang an déi drëtt.

Dat, wat awer eisen Hauptproblem duerstellt, dass ass d'Gestioun vum Large-Scale-Testing. An der Fiche financière, déi opgedeelt ass an eng ganz Rësch Loten, gesi mer, dass Aufgaben definéiert ginn, déi alleguer outgesourced ginn, déi alleguer vu privaten Acteuren iwwerholl ginn. An déi privat Acteure kenne mer alleguer, et sinn déi, déi och op der Bankeplaz ganz aktiv sinn: Déi heesche



PricewaterhouseCoopers, se heesche KPMG, se heeschen Arendt & Medernach. An déi huelen awer régaliennes Aufgaben: Zum Beispill d'Coordination générale vun deem Projet. Zum Beispill d'Analyse et gestion des données. Och d'Hotline, also d'Kommunikatioun mat der Populatioun, funktionéiert iwwert déi privat Beroderfirmen.

An domat hu mir awer e Problem! Mir konnten et verstoen am Iwwergang vun der éischter an déi zweet Phas am Juni, wou gesot ginn ass: „Mir kommen elo grad aus dem État de crise, mir hunn all eis Moyenen elo grad drop fokusséiert, fir iwwerhaapt aus dëser Situatioun erauszekommen. Als éffentlech Hand si mer am Moment net kapabel, dat do ze geréieren, duerfir source mer et temporär aus.“

Awer mer sinn elo e knappt Joer drop! Mir mussen déi Kompetenzen dach selwer kennen hunn! An dat selwecht gëllt d'ailleurs och fir d'Impfcampagne, wou ech et schrecklech fannen, datt Privatfirmen d'Hotline vun der Impfcampagne bedreiwen, well mir als éffentlech Hand an deem vergaangene Joer apparentment net kapabel waren, déi Kompetenze selwer opzebauen! An dat ass eisen Haaptproblem, dee mir mat der drëtter Variant vum Large-Scale-Testing hunn. An dat ass och dat, mengen ech, wat fir eis ausschlaggebend dofir ass, datt mer dee Projet net kënnen matvotéieren, mee datt mer eis enthalten.

Well et risquéiert, esou ze ginn, wéi mer et a ganz ville Beräicher quasi dagesaktuell gesinn, nämlech datt Privater ufänken, éffentlech Aufgaben ze iwwerhuelen. An do muss d'éffentlech Hand sech dergéint wieren, well d'Gesondheetsversuergung ass e Bien public, ass e Bien commun a muss och éffentlech geréiert ginn. An et kann och net sinn, datt, wa Rumeure sinn, datt e Privatspidol op eemol op de Wee geet, fir sech selwer Impfstoffer ze procuréieren, een da seet: „Ma wann dat legal ass, dann ass et tant mieux, well all Impfstoff zielt.“

Ech mengen, datt et iwwerhaapt net méiglech ass, datt dat op legalem Wee ka geschéien. Mir musse verënnern, datt déi éffentlech Gesondheetsversuergung zu engem wëlle Weste gëtt vun deenen Entreprises, déi mer alleguer kennen, alleguer hei am Land, déi sech schonn zënter Joren ëmmer erëm eng gëllen Nues un all Situatioun an un all Kris verdénkt hunn!

Duerfir wäerte mir eis bei dësem Projet enthalten.

■ **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, Mond op, Stäbchen eran a schonn ass et geschitt. De Covidtest geet an de Labo an d'Resultat, hoffentlech negativ, kritt ee per SMS. Wat fir den Einzelen nëmmen e puer Minutte vu sengem Liewen an Usproch hält, kascht, op d'Gesamtpopulatioun gekuckt, awer Stonnen a Stonnen un Organisatioun an Auswärtungsarbeit. An dës muss finanzéiert ginn.

Dofir ass et wichteg, datt mer haut e Budget stëmmen, deen et erlaabt, och während enger drëtter Phas vum Large-Scale-Testing Persounen op eng Covid-19-Infektioun kënnen ze testen. De Large-Scale-Testing kann eis net nëmmen hëllefen, Infektiounsketten ze brieche, mee e kann an dëser drëtter Phas och derzou bäidroen, méi Informatiounen iwwert d'Wierksamkeet vun den Impfstoffer ze gewannen.

Ech huelen et dofir direkt viwech: D'Piraten wäerten dës Projet ënnerstëtzen an haut fir eng Verlängerung vun der Finanzéierung vum Large-Scale-Testing stëmmen. Dat awer net, ouni eng Rëtsch Kriticken un der Ëmsetzung ze formuléieren. D'Covidpandemie hält un an déi schlächend Fortschreitter, déi mer bei den Impfung maachen, loosse een net gleewen, datt eng kollektiv Immunitéit zäitno erreecht ka ginn. Dofir wäert och weiderhi mussen gëtest ginn. Datt mer de Large-Scale-Testing ganz allgemeng ënnerstëtzen an dofir och zoustëmmen, de Projet weider ze finanzéieren, soll awer net verstane ginn als ee „Weider sou!“

Déi zweet Phas vum Large-Scale-Testing, déi bekannterweis jo am September 2020 ugefaangen hat, huet gewisen, wou d'Problemer leien, déi elo an dëser drëtter Phas ze léise sinn. Grad wat den Transport vu Personnes à mobilité réduite ugeet, kouw et an de leschte Wochen a Méint zu inakzeptabelen Ausgrenzungen: Well den Adapto Persounen net duerch de Large-Scale-Testing féiert, goufen eng ganz Rei Persounen, déi sech aleng net deplacéieren konnten, vun der Participatioun un de Covidtester ausgeschloss. Dat war eng Situatioun, déi an engem Land, an deem jiddwereen dee selwechten Accès zu Services aus dem Gesondheetsberäich soll hunn, inakzeptabel war an ass. Ech freeë mech dofir, datt dës Mëssstand rezent konnt behuue ginn, wat d'Regierung jo och viru Kuerzem an der Äntwert op eng vu menge parlamentaresche Froe confirméiert huet.

E weidere Problem, dee sech am Hierscht gewisen hat, ass deen, datt eis Testcapacitéiten zwar recht héich sinn, ...

(*Interruption*)

... et kënnen bis zu 53.000 Tester pro Woch gemaach ginn - wäere mer nëmme mat den Impfungen esou séier! -, mee d'Ekippen, déi un der Auswärtung vun den Tester an un dem Tracing bedeelegt sinn, kommen awer scho vill éischter un hir Grenzen.

Et gouf Wochen, an deene Leit, déi a Kontakt mat positiv geteste Persounen waren, eréischt esou spët vun der Santé doriwwer informéiert goufen, datt se nach deeglaang hirem Alldag nogaange sinn, obwohl se eigentlech doheem hätte solle bleiwen, doheem hätte misse bleiwen. Wa mer net just teste wëllen, fir statistesch Informatiounen ze kréien, mee och wierklech Infektiounskette wëllen ënnerbrieche, ass et dofir wichteg, während der kommander Phas ze garantéieren, datt den Tracing och bei enger héijer Presenz vum Virus an der Populatioun nach ëmmer funktionéiert.

Léif Kolleeginnen a Kollegen, niewent de bekannte Problemer wäert déi kommand drëtt Testphas awer och vun neien Erausforderunge gepräagt sinn, Erausforderungen, mat deene mer bis elo net konfrontéiert waren. Esou gëllt et, an deenen nächste Méint duerch d'Teste vu verschidde Persouengruppen net nëmmen d'Ausbredung vum Virus am Bléck ze halen, mee och Informatiounen iwwert d'Wierksamkeet vun de säit Kuerzem zum Asaz kommanden Impfstoffer ze sammelen. An och d'Opkomme vu private Schnelltester muss sënnavoll an d'Teststrategie integréiert ginn.

Wat awer opfällt, ass, datt d'Schnelltester aus dem Sport net an de Rapporte vun der Santé opgefouert ginn, datt, obwohl se iwwert de MyGuichet musse gemellt ginn. Déi selwecht Fro wäert sech also och an Zukunft nach beim Projet vu Schnelltester an der Schoul stellen.

Dofir hunn ech hei, Här President, eng Motioun matbruecht, déi d'Intentioun huet, dës Mëssel ze behiwen an och d'Resultater vu Schnelltester an den offizielle Statistiken opzelëschen.

Motion 1

D'Deputéiertechamber stellt fest,

- dass d'Santé eng Rei Statistiken iwwert d'Testaktivitéit zu Lëtzebuerg op data.public.lu verëffentlecht;

- dass beim „Testing“ just PCR-Tester berécksiichtegt ginn;

- dass d'Sportsveräiner um héchsten Niveau aktuell reegelméisseg all hir Sportlerinnen, Sportler an En-cadrantë mat Schnelltester op de Sars-CoV-2 testen;

- dass dës Resultater weeder an de „rapports journaliers“ nach an de „rapports hebdomadaires“ vun der Santé optauchen;

- dass d'Resultater vun de Veräiner müssen iwwer myguichet.lu digital iwwerdroe ginn;

- dass den Educatiounsminister den Asaz vu Schnelltester och an de Schoulen ugekënnegt huet.

Aus dës Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung,

- d'Unzuel an d'Resultater vun de Schnelltester, déi am Kader vu flächendeckende Programmer (zum Beispill am Sport oder an der Schoul) gemaach ginn, och an de Rapporte vun der Santé opzeféieren.

(s.) *Sven Clement*.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Wat d'Dauer vun der nächster Phas betrëfft, ass eng Lafzäit bis Juli virgesinn, déi, falls néideg, awer bis September verlängert kéint ginn, « [...] si la situation épidémiologique le justifie ou/et si l'immunité collective n'est pas atteinte d'ici là. » Esou steet et am Text. Well ech - och wann ech mer et wënsche géif - ganz grouss Zweifel drun hunn, datt mer bis Juli duerch genuch Impfungen eng Immunité collective erreecht hunn, denken ech, datt mer realistescheweis fir dës drëtt Phas mat enger Lafzäit bis September musse rechnen. Dat bedeit awer och, datt warscheinlech mindestens nach bis den Hierscht ganz vill éffentlech Gelder an de Large-Scale-Testing müssen investéiert ginn.

Wéi gesot, mir stinn hannert der Iddi, d'Pandemie och duerch eng ambitionéiert Teststrategie ze iwwerblécken an anzedämmen. Gläichzäiteg fuerdere mer awer, datt dës käschtenintensiv Campaigne transparent ass gefouert ginn. Et geet hei drëms, wéi staatlech Gelder an zweestelleger Milliounenhéicht verwennt wäerte ginn. An do ass et wichteg, de Biergerinnen a Bierger zum Schluss mat kloer Rapporten oppenzeleeën, wat wierklech mat de Sue geschitt ass, a wéi seng Täsche se gefloss sinn.

Wa mer haut dës Projet stëmmen, steet schliisslech nach net fest, wéi vill Tester schlussendlech durchgefouert ginn, well net gewosst ass, wéi vill Persounen der Invitatioun nokomme wäerten. Esou ass et also och nach net kloer, wéi vill Tester analyséiert ginn a wat déi Phas hei schlussendlech reell kascht.

An och d'Budgetsposten, déi administrativ a logistesche Aarbechten ëmfaassen, si fir d'Éffentlechkeet schwéier ofzeschätzen, well d'Regierung bis elo keng Detailer zu den Ausgabe publizéiert. Dofir hale mir et fir extreem wichteg, datt no all Phas e Compte rendu muss éffentlech gemaach ginn, deen am Detail déi eenzel Ausgaben opféiert an et de Biergerinnen a Bierger am Land esou erlaabt ze kontrolléieren, wat mat hire Steiergelder geschitt ass.

Ee Käschtepunkt, deen engem zum Beispill direkt an d'Ae spréngt an deen och schonn ugeschwat gouf, ass dee vun der Hotline vum LST, déi eleng vu Mäerz bis Juli Käschte vun iwwer enger Millioun Euro soll verursaachen. Dat ass op den éischte Bléck nëmme schwéier ze verstoen. An hei misst definitiv nach méi transparent gekläert ginn, wéi eng Käschten hei aus wéi enge Grënn ufalen. Ass et Loyer? Ass et Ekipement? Sinn et Personalkäschten? Bref, mir wëssen et net.

An och an der Chamberskommissioun krute mer nëmmen ee Montant pro Appell, deen eng gewëssen Unzuel vun Appeller iwwerschreit, matgedeelt. Wat dobäi opfällt, ass iwwregens, datt et, au contraire, wéi et bei villen anere Produiten ass, déi ee keeft, wou de Präis, wat ee méi keeft, erofgeet pro Unitéit, bei den Appeller ëmgedréit ass: Déi éischt 3.000 gi mat enger Flatrate bezuelt an duerno gëtt et progressiv méi deier pro Unitéit. Do stellt ee sech awer d'Fro, wat déi Käschte genau verursaacht. Op Nofro, wéi dat opgeschlëselt gëtt oder opgeschlëselt misst ginn - et gëtt ëmmerhi mat éffentleche Gelder vun enger privater Firma durchgefouert -, gouf et just d'Vesprieche, dat nozekucken. Ech stinn haut hei an ech hunn déi Äntwert net.

Et misst also och méi kloer kommunizéiert ginn, mat wéi enge Soustraitanten zesummegeeschafft gëtt. An net nëmmen, mat wéi eng Soustraitanten, mee mat wéi enge Soustraitanten dës Soustraitanten nach eng Kéier schaffen. Well mir mierken hei, datt mer net nëmmen déi grouss Big-Fouren - oder Arendt gouf genannt - als Soustraitant direkt vum Staat hunn, mee datt dës Firmen nach eng Kéier Soustraitanten hunn, soudatt et nach manner iwwerschaubar gëtt, wien dann elo hei wierklech d'Geld vum Contribuabel fir e Service a seng eegen Täsche stécht.

(*Interruption*)

Mir brauchen Transparenz, wann et ëm d'Notzung vun éffentleche Gelder geet.

Den Optrag ... an do kommen ech dann op déi Helpline, déi haut scho fir e bësse Gerumours gesuergt huet, d'Helpline vaccination, en Optrag, dee schlussendlech fir bal néng Milliounen Euro un ee vun de Big Four gaangen ass, dee fir vill Froe gesuergt huet, well net kloer ass, wéi sech déi héich Zomm rechtfertige léisst, an deen dann, knapps geet et lass, vun engem Ustuerm iwwerrascht ass.

Bref, mir schwätze vill vun Transparenz, mir brauchen hei einfach méi Kloeerheet, net nëmmen, mat wéi mer schaffen, net nëmmen, firwat mer mat deene schaffen, mee mir brauche virun allem eng Transparenz, wéi vill déi eenzel Prestatiounen konkret kaschten a wéi déi Präisser zustane kommen. Grad wa mer an enger Procédure négociée sinn - wat mer hei waren, well d'Argument ugefouert gëtt, datt jo soss kee Prestataire ze fanne wär -, grad dann, wa mer also net iwwer e Marché public fueren, ass et immens wichteg, datt mer eng méi héich Transparenz vun de Präisser a vun de Käschten hunn, well soss ginn d'Fënsteren an d'Diere fir Abusen opgemaach.

Här President, ech komme sou lues zum Schluss, mee net ouni nach e leschte Punkt unzeschwätzen: deen awer dach wichtige Punkt vum Datschutz - de Schutz vu persounbezunnenen Daten -, deen och erëm mat de Soustraitanten zesummenhängt! D'Regierung léisst d'Invitatiounen fir de Large-Scale-Testing nämlech vun engem Soustraitant printen. Op den éischte Bléck seet ee sech: Majo, natierlech! Eng Dréckerei, déi dréckt Contenu. Mee op deene Bréier stinn awer och d'Adressen drop vun deene Leit, déi invitéiert goufen.

(*Interruption*)

Dat heescht: Déi Firma weess, wéi wéini invitéiert gouf.

(*Interruption*)

An do stellt sech d'Fro ... an dat ass net kloer op Nofro hin, an de Kolleg Marc Goergen hat déi Fro an der Kommissioun gestallt, wéi dee Soustraitant déi Informatiounen kritt. Well da stellt sech nämlech d'Fro: Huet dee Soustraitant potenziell d'Méiglechkeet, sech do eng Datebank ze schafen? Mir kennen d'Kontrakter net. Ech ginn dovun aus, datt et e gudden Kontrakt gëtt. Ech hoffen et! Mee ech hunn en net gesinn. A mir wëssen net, a wéi engem Format e se kritt. Dat alles bereet eis dann awer e bësse Bauchwee. A mir hoffen, datt mer do an Zukunft awer nach méi kloer Äntwerte kréien, fir datt dee Bauchwee dann hoffentlech ewechgeet.

Dat gesot, den LST ass wichteg: D'Wëssenschaftlech Publikatiounen hu gewisen, datt en Infek-

tiounsketten ënnerbënnt, datt en Neiinfektiounen ka verënnern. An dofir wäerten d'Piraten e matstëmmen. Mee perfekt ass eppes aneres.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheetsministesch, d'Madamm Paulette Lenert.

Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Merci, Här President. Jo, perfekt ass eppes aneres, deem kann ech nëmmen zoustëmmen. Ech sinn och ganz gespaant, wa mer dat heiten eng Kéier an de Geschichtsbücher liesen - hoffentlech! -, wéi ee Land et bis an d'Perfektion gepackt huet bei der Gestiou vun der Pandemie. Eng Kris ass markéiert vu schnellem Handeln, an dat steet normalerweis am Géigesaz zu der Perfektion.

Ech géif virop ufänken, mech fir mäi Retard ze entschëllegen. Ech hunn héieren, en ass ervirgehuue ginn. Ech war och op där selwechter Plaz wéi de Gesondheetssprecher vun lech, Här Mischo, mir sinn e bëssen a Retard komm. Dat deet mer leed.

Ech géif och, éier ech op de Projet de loi wierklech aginn, e puer Wieder zu der Hotline soen. Effektiv hu mer Problemer. Mir si méi schnell virukomm mat eiser Impfstrategie, wéi geplangt, mat de Phasen. Dat huet dozou gefouert, dass mer iwwert déi lescht Deeg verstärkt Invitatiounen konnten erausginn - dat wär eigentlech dat Positiv bei der Saach. Ech kann haut soen, dass op alle Fall Enn dëser Woch sämtlech Leit iwwer 75 Joer hir Invitatioun kritt hunn.

Dat huet awer, am Géigenzuch, weider zu enger Iwwerforderung vun eiser Hotline gefouert, déi u sech fir 3.000 Appeller ageriicht ass. A mir hunn immens vill Nofroer kritt, verständlecherweis och. Mir sinn hei grad bei enger Alterskategorie, déi de Wee zum Digitale sécher net esou einfach huet wéi anerer. Ech bieten och dofir ëm Entschëllegung, mir maachen eist Besch. An ech bieten ëm Verständnis fir d'Leit op der Hotline, déi maachen hiert Besch. Déi ginn am Moment e bëssen ënner. Hutt e bësse Gedold. Ech géif wierklech jiddweregem hei un d'Häerz leeën: Mir wäerte kee stoe loosse. Wa Problemer sinn, mir wäerten eis drëms këmmen. Jiddweree wäert zu senger Impfung kommen. Mee et ass am Moment schwierig op der Hotline. Si sinn iwwerfordert. Hutt dofir e bësse Verständnis, Gedold. Är Demande wäert tritéiert ginn. Et dierft just nach e bëssen elo, e puer Deeg, daueren, bis mer do erëm eng Vitesse de croisière hunn, déi et eis erlaabt, e gudden Service unzébiden.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Dann och nach en anere klengen Exkurs mam Réckbléck op déi lescht Woch, do ass de Moien och d'Fro gestallt ginn an der Chamberskommissioun: Mir hu méi Decèsé wéi normal. Mir hunn u sech e gudden Wochebilan gehat, deen een optimisteschen ka stëmmen, wann ee generell d'Neiinfektiounen kuckt. Mee et ass richtig, dass mer méi Decèsen hunn. Mir hunn dat iwwert den Dag probéiert nozekucken. Ech géif lech déi Informatiounen och haut gi vun deenen 32 Decèsen. Op alle Fall, Stand haut, wat mer konnten nokucken - mir sollten dat jo muer de Moien nach e bësse verdéiwen an der Chamberskommissioun -, sinn effektiv 24 Leit am Spidol gestuerwen. Allerdéngs sinn der dovunner siwen direkt aus enger Alters- oder Flegestruktur komm. A mir hunn donieft och acht Persounen, déi leider direkt am Alters- oder Fleggeheim verscheet sinn. Soudass mer, Stand haut, dovunner ausginn, ...

(*Brouhaha et coups de cloche de la présidence*)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift, et ass vill Geschwätz am Sall.

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- ... dass dach, ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Et misst vläicht e bësse méi roueg sinn. Merci.

■ **Mme Lydie Polfer** (*DP*).- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- ... dass dach eng Relatioun besteet zu deene rezente Clustere, déi mer an där enger oder anerer Struktur haten. Dat ass vun enger grousser Tragik, besonnesch fir déi Leit, déi just virdru stoungen oder grad eréischt geimpft waren, déi si sou just ..., esou just hu se de Moment verpasst. Ech wënsche mer wierklech, dass dës och dem Passé wäert ugehéieren. Mir sinn an enger ganz kritescher Phas. A leider Gottes sinn eng Rei Leit dobäi, déi esou tout juste eeben nach net deen Impfschutz haten, dee mer dann elo hoffentlech geschwënn eisen eelere Leit an den Awunner vun Alters- a Fleggeheemer alleguerte kënnen bidden. Mir wäerten Enn vun dësem Mount och do derduerch sinn, och mat der zweeter Dosis. Mee leider Gottes ass dat heite geschitt.

Dat ass héchstwahrscheinlech d'Erklärung. Mir wäerten dat nach weider verdéiwen iwwert den



Dag. Ech ginn lech do muer méi Informatiounen, falls mer nach méi Detailler hätten. Mee et gesäit esou aus, wéi wann dach do schonn eng Relation de cause à effet wär, wat global gesinn natierlech rassurant wär. Déi zweet Hypothees wär, dass dat a Relatioun stéing zu deem neie Variant, wat mer eis alleguerte sécherlech net wënschen.

Voilà, dann: Mir schwätzen ëmmer vill vu Strategie. Ech géif et gären eng Kéier betounen: D'Strategie, déi mer säit engem Joer an där Pandemie hei féieren, ass u sech näischt anescht wéi eng Exit-Strategie. D'Zilsetzung, déi mer hunn, ass, esou gutt an esou schnell wéi méiglech aus där Situatioun hei erauszekommen. Dat heescht, all Schrëtt, dee mer maachen, all Investissement, dee mer maachen, huet u sech nëmmen eng Zilsetzung: Nämlech dobäi ze hëllefen, dass mer dës Pandemie kontrolléiert kréien, dass mer onkontrolléiert Ausbréch vun Infektiounen kënnen entgéintwierken an dass mer doduerjer natierlech enger Iwwerlaaschtung vun eise Gesondheetssystem entgéintwierken. Dat ass eis Strategie, déi mer fueren. An dat Ganzt ziilt natierlech drop of, ëmmer erëm esou schnell wéi méiglech Normalitéit ze kréien. Dat hu mer am Fréijoer gemaach virun engem Joer, wéi mer nom Lockdown gekuckt hunn, lues a lues eeben duerch Moosnamen, déi mer en place haten, d'Normalitéit méiglech ze maachen. An dat ass och haut nach ëmmer eis Ambitioun, dat huet net geännert. D'Zil-linn ass: Erauskommen hei. An esou gutt wéi méiglech erauskommen, ouni ze vill e grouse Kollateralschued. Ouni Schued wäert et net goen - op alle Fall gött et kee Land, wat dat bis elo hikritt huet -, et geet drëms, eng Schadensbegrenzung ze maachen.

Et ass ugeschwat ginn: De Large-Scale-Testing ass en Instrument, wat vläicht net ëmmer duerchsichteg ass fir jiddwereen. Et ass och schwéier, dat an de leschten Detail ze iwwerblécken. Mir hunn - an de Gusty Graas huet et ervirgestrach -, eng Ekip, e Comité de pilotage, dee sech wierklech all Woch - all Woch! - domadder befasst, wéi mer d'Invitatiounen sollen orientéieren. Dat heescht, mir kënnen an dësem Projet, en fonction vun deem, wat mer gesinn iwwert d'Infektioungeschéien, ganz flexibel d'Capacités orientéieren. Wa beispillsweis lokal méi eng staark Presenz vum Virus ass, da gi mir méi staark dohinner testen. Wa mer gesinn, dass iergendwou e Cluster ass oder e Verdacht op e Cluster, da gi mer geziilt mat den Équipe-mobillen dohinner, fir do vill méi flächendeckend duerchezesteten.

Dat ass also net alles no enger Reegel, déi queesch duerch d'Land géif duerchgezu ginn. Et gött verschidden Aspekter am Large-Scale-Testing. Et ass dat, wat en ausmécht. Nieft engem Echantillon, dee mer duerchtesten, fir eng global Vue ze hunn iwwert d'Infektioungeschéien an doduerch och e Maximum un Erkenntnisser kënnen ze kréien, schaffe mer och ganz gezielt eeben ënner anerem mat eisen Équipe-mobillen, déi am Large-Scale-Testing 2 scho ganz staark an den Asaz komm sinn an och am Large-Scale-Testing 3 nach ëmsou méi staark wäerten am Asaz sinn.

Ech erënneren un eis Asätz preventiver Aart an den Alters- a Fleegeheemer, an de Strukturen, wou Leit mat Handicap zesumme wunnen op enkem Raum. Dat si Leit, déi mer als héich vulnerabel aschätzen. De Large-Scale-Testing huet eis erlaabt, do mat enger Reegelmëssgekeet wierklech eranzegoen an da flächendeckend ze testen. Dat huet dann näischt mat engem Echantillon ze dinn. Mee dat ass eng ganz konkreet Preventioun, wou mer ons Moyene ginn hunn, fir op deem Wee wäitméiglechst ze evitéieren, dass et zu Ausbréch mat deene bekannte Konsequenze kënn.

Dann e ganz kuerzt Wuert ... et ass a Fro gestallt ginn, wéi mer gesot hunn: Jo, selbstverständlech geet de Large-Scale-Testing Hand an Hand mat hannendrun engem Tracing. Duerch de Large-Scale-Testing kënnen mer Leit identifizéieren, déi dee Virus potenziell kéinte weiderginn. Dann huele mer de Kontakt op mat hinnen iwwert de Contacttracing. Et ass gesot ginn: Dee Contacttracing war mat Momenter iwwerfuert. Dat stëmmt. Bei eis, och, géif ech soen, wéi an anere Länner. Vill manner laang wéi an anere Länner. Mir haten eng kuerz Phas, effektiv, wou et ganz séier eropgaangen ass, wou mer während enger, zwou Wochen net déi Delaien haten, déi mer eis wënschen. Dat hu mer awer opgeho.

An do muss ech awer wierklech d'Fro stellen: Wat wär dann d'Konsequenz dovunner? Wann Der gesitt, dass Der u Vitess verléiert, verloosst Der dann d'Schëff? Nee! Da fänkt Der un, méi schnell ze ruderen an Är Kräfte ze bündelen, an Dir kuckt, dass Der dat erëm ophuelt. Et ass dat, wat mer gemaach hunn. Mam Resultat, dass mer kënnen queesch duerch déi Pandemie hei soen, dass eise Contacttracing der Saach Meeschter gött. Mir hunn dat ënner Kontroll. Mir hunn och geléiert. Wann een eng Kéier u Vitess verléiert, mécht ee sech natierlech Gedanken, wat ee ka besser maachen. Et ass dat, wat mer ustriewen aus deenen Erfarungen, déi mer hunn - och wann et mol méi negativer sinn, dat bleift net aus -, fir doraus ze léieren a sech dann ëmsou besser opzestelle fir d'Zukunft.

Mee jiddefalls net opginn, net op engem Bausteen, deen eis awer dach ganz vill bruecht huet an dëser Pandemie. A sief et nëmmen Erkenntnisser ronderëm dëse Virus. Mir wëssen net vill. Virun engem Joer woussst nach kaum een eppes, och d'Wëssenschaft net. An eng vun den Zilsetzungen vum Large-Scale-Testing ass et, och eeben Erkenntnisser ze kréien, wéi de Virus weidergeet, wéi e sech iwwerdréit; iwwert d'Serologietester, déi gemaach ginn, och lues a lues eng Vue op d'Immunitéit ze kréien. Am Large-Scale-Testing 3 wäerte mer mat neien Tester fueren, wou mer och kënnen eng Ënnerscheidung maachen, ob een eng Immunitéit huet doduerjer, dass een eng Kéier krank war, oder ob et iwwert de Wee vun der Impfung ass. Dat ass ganz interessant ze wëssen, och fir d'Fuerschung, well mer doduerjer och eeben Erkenntnisser kréien iwwert den Effet vun den Impfungen, wéi dat sech weist an der Praxis, ob dës Leit de Virus dach nach weiderginn oder manner. Ob se nach krank ginn oder net. Dat si ganz wichteg Donnéeën.

Och ganz kuerz zu dem Dateschutz, et ass ugeschwat ginn. Ech hat haut de Moien d'Éier, och mam Dokter Wilmes déi éischt Etüd ze presentéieren, déi gemaach ginn ass eebe ronderëm de Large-Scale-Testing 1. Dat ass eng wëssenschaftlech Etüd, déi et eis erlaabt huet, Daten ze kräizen. An d'Resultat kennt Der. Dir hat et, Här Baum, schonn ugeschwat, wéi et nach an der Peerreview war, mee déi Etüd ass elo haut publizéiert. Justement sinn dat déi wëssenschaftlech Aarbechten, déi mer kënnen ronderëm esou e Projet maachen, mat natierlech deem néidegen Zougang zu den Daten, deen ee brauch, fir doraus Erkenntnisser ze zéien. An och de Large-Scale-Testing 2, wann e bis ofgeschloss ass - dat ass en nach net -, da si mer natierlech gäre bereet, och do e grouse Bilan mat lech ze maachen an och déi Donnéeën auswäerten ze loos-sen. Mee nach ass en um Lafen. Mir sinn op der Charnière zu där nächster Phas.

Mir hunn also nach wie vor ganz vill Inconnuen a sinn och weiderhin drop ugewisen, mat allen Acteuren zesummen, virun allem emol all d'Moyenen zesummenzeleeën, déi mer hunn. Ech géif do gären ënnersträichen, dass e Schnelltest ni wäert e PCR ersëtzen, dofir ass et fir eis net entwéeder oder, et ass net Large-Scale-Testing oder Schnelltester, mee et ass dat eent an dat anert. Mir si säit Enn lescht Joer, säit Enn Oktober amgaangen, Schnelltester an den Asaz ze bréngen. A mir waren do relativ fréi un. Mir haten der och vill kaft. Doraus hu mer Erkenntnisser kritt.

Haut sinn nei Generatiounen vu Schnelltester do. Och do hu mer elo massiv bestallt. A mir hu Projeten, déi elo gläich wäerten ulafen an der Schoul, an den Alters- a Fleegeheemer, fir och déi nei Generatioun vu Schnelltester ... Dat sinn déi, fir dat nach eng Kéier ze preziséieren, déi net méi musse ganz hannen an der Nues prelevéiert ginn, mee déi kënnen vir iwwert de Prélèvement nasal gemaach ginn, wou een och ka selwer de Prelevement maachen. Dat ass den Typ vun Tester, déi mir elo fir eis zréckbehalen hunn an déi mer ganz massiv wäerten an den Asaz bréngen, fir eis ganz Strategie ze begleeden.

Dat sinn alles eenzel Bausteng, dat ass complementaire eent zu deem aneren. Dat si keng PCR-Tester, se sinn dofir awer net manner utile an der Gestoun vun dëser Kris. Au contraire! Alles huet säi Sënn an Zweck. An et geet eis drëm, all Moyenen, déi mer hunn, alles, wat et vun neie Produite gött, wierklech mat an den Asaz ze bréngen, sou gutt wéi méiglech complementaire dat eent zu deem aneren, an doriwwer eraus och all Acteuren mat u Bord ze kréien.

Et ass ugeschwat ginn: Wat ass hei de Rôle vun den Apdikten? Ma Dir musst wëssen, dass d'Schnelltester u sech, contrairement zu engem Impfstoff zum Beispill ... E Schnelltest ass eppes, wat een normal ka kafen. Dat si Produiten, déi, wa se bis e CE-Label hunn, ganz normal kënnen an de Verkaf goen. Déi kritt een haut och schonn zum Deel ze kafen, och iwwer Internet. An och d'Apdikte kënnen dat selbstverständlech ubidden.

Wat mir am Moment amgaange sinn ze maachen opgrond vun deene Gespréicher, déi mer mat den Apdikter haten - si sinn do ganz interesséiert, och wierklech méi eng aktiv Roll ze spillen an der Teststrategie -, dat ass e Recensement vun deenen interesséierten Apdikten. Dat ass déi Lëscht, déi mer am Moment amgaange sinn ze erstellen. Dir wësst, dass sech do am Ausland scho vill Apdikten organiséiert hu mat Zelter virun der Dier oder klengen Haisercher, déi se funktionéieren dinn. Hei ass effektiv d'Intention, zesumme mat allen Acteuren ze schaffen. An d'Inneministesch wäert vun eis och déi Lëscht kréien. Wa mir bis recenséiert hunn, wéi eng Apdikte wëllen op dee Wee goen, wéi eng Apdikten de Besoin hu fir zousätzlech Lokaler, da wäert d'Taina Bofferding derfir suergen, dass si a Kontakt komme mat deene jeeweilege Geme-gereponsabelen. Mee dat kann och selbstverständlech elo spontan schonn zustane kommen. Näischt verbitt dat. Hei ass einfach jiddweree gefuerdert, fir mateneen ze schaffen, ze lauschteren, wat wären

d'Besoinen, wéi kéint ee sech do lokal opstellen, an da kucken, fir sech beschtméiglech opzestellen, fir de Leit eng zousätzlech Geleeënheet ze ginn, fir Schnelltester op eng einfach Aart a Weis kënnen ze maachen. Si wäerten hoffentlech en neie Baustee sinn, deen eis gutt wäert weiderbréngen.

Wat erwaarde mer eis? Souwuel vum Large-Scale-Testing, wéi vun de Schnelltester, wéi vun der Impfstrategie, wéi vun de Geste-barrièren - an déi sollen nëmmen net vergiess ginn, well déi bleiwen nach wie vor ganz wichteg. Mir erwaarden eis, dass mer schnellstméiglech erauskommen, dass mer eng Entspannung kréien, dass déi Entspannung, déi mer elo scho säit Wochen ugestriift hunn, déi e bësse perturbéiert ginn ass mat der Presenz vun neie Varianten, déi en anert Infektioungeschéien hunn ... Mee letztendlech erwaarde mer eis déi néideg Entspannung, fir dann erëm en nächste Schrëtt a Richtung Lockerunge maachen ze kënnen a fir esou lues a lues eeben erëm an d'Normalitéit zréckzufannen. An u sech - net anescht wéi scho bal virun engem Joer, wou mer dat och gemaach hunn - ëmmer mat där néideger Virsiicht, mat klenge Schrëtt, fir net iwwerrumpelt ze ginn. Genau esou envisagéiere mer dat elo.

Just datt mer haut vill méi am Grapp hunn. D'Situatioun ass net méi déi selwecht: Mir hunn alleguerter aner Reflexer entwéckelt; mir hunn aner Moyenen; mir hu ganz vill Testcapacités; mir wäerte Schnelltester kréien; mir hunn eng Impfstrategie, déi uleift. Alles dat wäert sech positiv op d'Infektioungeschéien auswirken. Et ass op alle Fall dat, wat mir eis erwaarden. An da wäert sech ganz natierlech eng Entspannung erginn um Niveau vun der Situatioun, déi dann nächst Schrëtt wäert méiglech maachen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Madamm Ministesch, erlaabt Der, datt den Här Mischo lech eng Fro stellt?

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Jo.

■ **M. Georges Mischo (CSV).**- Okay. Ech huelen un, dass dat Jo ass. Ech wollt eng Kéier drop zréckkomme mat den Apdikten a mat de Gemengen. Mir haten eng Ufro kritt vun enger Apdikt, an elo haut eng zweet, fir Säll ze kréien. Ass dat de Wunsch vum Ministère, dass d'Gemengen do matasprangen? Well wann ech hei op meng riets Säit kucken oder d'Madamm Polfer dohanne gesinn ... D'Stad Lëtzebuerg huet zwanzeg Apdikten, mir hunn der aacht. Dat ass natierlech fir eng gréisser Gemeng e gréisser Problem, fir einfach aacht Säll oder zwanzeg Säll zur Verfügung ze stellen. Wéi grouss mussen déi sinn? Well déi wäerte jo warscheinlech während Wochen a Wochen all Dag vu moies bis owes mussen op sinn. Dat ass natierlech net einfach, fir esou Säll ze fannen.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Also hei geet et virun allem drëm, pragmatesch Léisungen ze fannen. Wann Der iwwert d'Grenze kuckt, a Frankräich, wann Der Biller gesinn hutt, ech hunn och vu Leit héieren, déi eeben do wunnen, ass dat ganz einfach organiséiert ginn, mat ganz einfache Moyenen. Eise Wunsch ass et natierlech, dass all Acteuren, déi kënnen matschaffen, sech zesummenfannen. An dofir hu mer och elo, eebe justement fir net ... Et gött elo net ee Rezept dofir. Wat brauch et? Fir en Test ze maachen, braucht Der u sech e Sall. Idealerweise e Lavabo. An dat ass et am Fong geholl schonn.

Et geet drëms, dass et net an den Officinë gemaach gött. Et ass de Wunsch och vun den Apdikter, fir dat net an der Officine selwer ze maachen, mee an engem anere Raum. A mir hu justement d'Approche geholl, fir elo ze recenséieren, fir ze gesinn, wéi eng Apdikten interesséiert sinn, wéi eng Apdikten och e Besoin hunn. Verschidden Apdikte kréie sech jo och vläicht organiséiert, fir dat bei sech an engem separate Raum ze maachen. Anerer hunn déi Méiglechkeet net. Wa mer d'Besoinen hunn, den Interessi recenséiert hunn, wäerte mir iwwert den Innenministère hëllefen, Kontaktopnamen ze maachen. Mee sécherlech ass et gewënscht an deem Sënn.

Mir si frou fir all Acteuren, déi hei eppes kënnen bäidroen. Mee dat Ganzt hänkt wierklech vum konkrete Besoin of. Vlächicht fanne sech jo och Apdikten zesummen, déi sech do kënnen ralliéieren. Ech denken, do solle mer wierklech pragmatesch a flexibel bleiwen. Et gött keng gréisser Exigencen oder Contrainten, déi do misste respektéiert ginn, vusäite vun der Direction de la Santé. Et ass éischter eng Saach vu gesondem Mënscheverstand, fir sech zesummenzesetzen an ze kucken: Wat kënnen mer en fonction vun deene Besoinen, déi do sinn, all zesumme maachen, fir schnellstméiglech d'Offer hei méi breet opgestallt ze kréien?

Voilà, ech mengen, ech wär um Enn ukomm. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, der Madamm Gesondheitsministesch. D'Diskusioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7757. Den Text steet am Document parlementaire 7757³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7757 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 33 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 23 Abstentiounen ugeho.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer zur Motioun, déi vum Här Sven Clement deposéiert ginn ass, wou et ëm d'Unzuel an d'Resultater vun de Schnelltester geet, déi am Kader vu flächendeckende Programmer duerchgefouert ginn, fir déi an de Rapporte vun der Santé mat opzeféieren.

Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? D'Madamm Ministesch.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Merci, Här President. Elo fält et mer och an, et ass dozou, wou ech am Fong nach eppes wollt soen. Mir sinn natierlech amgaangen, eis Gedanken ze maachen, wéi mer kënnen e gudder Reporting zu de Schnelltester maachen. Dat wäert eis awer nach e bëssen Zäit huelen, well mer amgaange si sécherstellen, dass mer net méi Konfusioun schafen, wéi gutt maachen. Mir musse jo och sécherstellen, dass mer keng duebel Reportingen hunn. Dofir, dat si lafend Aarbechten - dat kann ech lech op alle Fall confirméieren -, wou ech awer elo nach kee genauen Timing an och net den Outcome ka soen. Mir kucken dat am Moment mat där néideger Virsiicht, am Sënn, fir eng gutt an eng sënnvoll Kommunikatioun erauszekréien, wäerten dat elo awer net eent zu eent an den Daily Reporting eranhuelen, well sech eeben eng Rei Froe stellen, well déi selwecht Persoun deemno wéi de Schnelltest huet an de PCR hannendrun, do musse mer nach e bëssen drop ackeren, fir do eppes Propperes hinzekréien.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. Da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, dem Här Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Just vlächicht, fir dat ze konkretiséieren, wat an där Motioun steet. Ech si mer absolutt bewusst, datt een déi net kann eent zu eent de PCR-Tester géint-iwwerstellen. Et ass awer de Schnelltest ..., ech mengen, et gött jo och aner Säiten an deem Rapport, et kann een dat schonn ënnerscheiden.

Et ass mer wichteg, datt mer haut hei iwwert déi Motioun schwätzen, aus deem ganz einfache Grond: Am Sport si mer elo schonn amgaang, do ginn déi Excellen hin- an hiergeschéckt, déi ginn eropgelueden. Et gött sécher nach techesch Problemer, ech wëll do guer net an den Detail goen. Et ass awer esou, datt de Staat selwer wäert an absehbarer Zäit - dat huet den Educatiounsminister eis jo elo schonn e puermol gesot - mat Schnelltester och an de Schoulen ufänken, wat nach eng Kéier d'Unzuel vu Schnelltester wäert an d'Luucht schrauwen. A spéitstens do, wou de Staat selwer d'Datenerhiewung u sech mécht, an net Drëtter, mengen ech, ass et wichteg, datt mer awer als Chamber och soen: Mir wëllen déi Zuelen dann och gesinn.

Ech mengen, mir schwätze vill vun Transparenz. Dat hei si wichteg Zuelen, well herno hu mer Positi-



ver, déi wäerte warscheinlech iergendwéi am Rapport gemellt ginn - well ech ka mer net virstellen, datt mer e Positiven, dee mer mam Schnelltest fan- nen, net mellen -, mee op där anerer Säit melle mer net, wéi vill Leit mer getest hunn. Dat heescht, d'Positivitéitstaxe si vill méi schwéier ze rechnen, a grad do.

Et wier och vläicht hëllefräich, wa mer géifen d'Un- zuel vun de Schnelltester vis-à-vis vun de Positivi- téitstaxe weisen, fir och e bëssen déi Angscht ze huelen, déi awer heiansdo erëmgeeschtert, datt et do ganz vill falsch Positiver géif ginn. Ech hunn et jo elo am Sport selwer erlieft: Et si ganz vill Tester gemaach ginn iwwert de Weekend a virun de Week- ender. An esou vill Positiver sinn do net hanner erausgefall, datt ee géif soen, do wäere vill falsch Positiver derbäi.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. Dann huet den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert gefrot.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Merci, Här President. De Sven Clement weess, dass mer déi Diskussioun jo och an der Kommissioun gefouert hunn. A mir sinn eis eigentlech eens, dass mer esou vill Donnéeë sollen zesummendroen, wéi mer nëmmen iergendwéi kënnen. Dat ass e Message, deen och ukomm ass an der Santé, an der Direk- tioun vun der Santé. Ech mengen, an där heiter Pre- zisioun ass et am Moment schwéier, fir sech elo hei definitiv festzeleeën. Mee de Wonsch vun eis alle- guer ass: Déi Donnéeën, déi mer kënnen decem- ment kréien, dass mer déi liwweren an dass mer déi och verwäerten.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Di Bartolomeo. Ass nach een, deen d'Wuert zu dëser Motioun wëllt ergräifen?

(*Négation*)

Dat ass net de Fall. Da kënnen mer zum Vott vun dë- ser Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(*Appel nominal pour votes par procuration*)

Domadder ass dës Motioun bei 29 Jo-Stëmmen an 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Domadder wär dës Punkt ofgeschloss.

5. Ordre du jour

Da géif ech d'Wuert ginn un den Här Marc ... D'Madamm Martine Hansen freet nach d'Wuert.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Jo. Merci, Här President. U sech zum Ordre du jour: Ech konnt et net virdro soen, well ech wousst dunn nach net, datt et aktuell wier, mee ech hunn eng Question ur- gente stellt, an d'Madamm Minister ass hei an ech géif déi gär stellen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Huet d'Madamm Ministesch schonn Zäit gehat, fir déi Fro ze ku- cken? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Dat heescht, dann hu mer och nach haut respektiv mar Zäit, fir eeben eng Äntwert op déi do Fro ze ginn. Ech ginn d'Wuert awer zrëck un d'Madamm Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Also et ass eng Fro dobäi, wou ech d'Madamm Minister ka verstoen, datt se do nach keng Äntwert huet. Mee bei deenen anere Froen ass, mengen ech, näischt Komplizéier-

tes dobäi. D'Madamm Minister ka sech och eng kéier zéng Minutten huelen, fir se ze liesen, an da stellen ech se an zéng Minutten.

(*Interruption*)

■ **Une voix.**- Muer.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Oder mir kënnen déi Fro och muer maachen. Ech mengen, dass u sech dann awer de Wonsch do ass vun der Madamm Ministesch, fir déi Fro do ze kucken, ...

(*Interruptions*)

... sou wéi d'Reglement et am Fong geholl virgesäit. A mir mussen der Madamm Ministesch déi Chance jiddefalls och ginn.

6. Dépôt d'une résolution par M. Marc Baum

Ech géif dann elo d'Wuert ginn un den Här Marc Baum, dee wëllt den Depot maache vun enger Reso- lutioun. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

■ **M. Marc Baum (déi Lénk), auteur.**- Merci, Här President. Déi schrecklech Pandemie, an där mer dra sinn, huet zumindest vläicht dat gutt gemaach, datt se eise Bléck an deene vergaangene Méint ge- schäerft huet op dat, wat wichteg ass am Liewen. A mer hu festgestallt, datt eng ganz Rëtsch vun de- nen Aarbechten, déi gemaach ginn, déi zu eise- m Alldag gehéieren, déi eis vläicht net esou opgefall sinn an der Vergaangenheet ... do ass eis elo be- wosst ginn, datt déi eng ganz grouss Wichtegkeet hunn an datt et essenziell Aarbechte sinn. Jiddwer- een erënnert sech un d'Gesondheetspersonal, wat am Ufank an der éischter Linn stoung a wat natier- lech och geklappt kritt huet.

Gradesou wichteg, mengen ech, ass awer och d'Ge- sondheets- ..., ass awer och d'Botzpersonal, wat och an deene leschte Méint deelweis Enormes huet misse leeschten.

Et ass eis, mengen ech, bewosst ginn, datt dës Botzpersonal Aufgaben iwwerhëlt, déi duerch- aus net nëmme wichteg sinn, mee och qualifizéiert sinn an eng Qualifikatioun voraussetzen. An dës Botz- personal huet vill méi Aufgabe kritt! Et geet näm- lech drëm, ganz Raim ze desinfizéieren, och no Reuniounen. Et geet drëm, derfir ze suergen, datt d'Hygiëneskonzepter en place sinn an och perma- nent wierksam kënnen sinn.

Et ass esou, datt d'Botzpersonal awer gläichzäiteg och op nationalem Plang - déi, déi privat organi- séiert sinn - am Moment e grouse Sozialkonflikt hunn, well genau déi Aarbecht net valoriséiert gëtt. Net valoriséiert gëtt vun hire Patronen.

An et ass och esou, datt net méi spéit wéi viru fënnf Deeg déi franséisch Assemblée nationale, well se sech der Wichtegkeet vun där Aufgab bewosst ginn ass, gestëmmt huet, majoritär, datt d'Botzpersonal aus der franséischer Assemblée nationale Urecht huet op en 13. Mount. Esou wäit si mer zu Lëtze- buerg net, well och déi lëtzebuergesch Chamber hiert Botzpersonal externaliséiert huet. Dat heescht, et ass eng privat, oder et si privat Botzfir- men, mir hu Verträge mat private Botzfir- men, déi hei an der Cham- ber derfir suergen, d'Hygiëne oprechtzehalen.

An ech mengen, datt sech eppes gewisen huet déi lescht Wochen a Méint, nämlech, datt déi Leit Kom- petenzen hunn an datt et wichteg ass, datt een déi Kompetenzen internaliséiert. Net nëmmen internali- séiert als Institutioun, als Chamber - wat, mengen ech, wichteg wier -, mee och déi Kompetenze wei- derentwéckelt. Dat schéngt mer essenziell ze sinn, och fir d'Institutioun vun der Chamber.

Duerfir géif ech gär eng Motioun ..., eng Reso- lutioun deposéieren.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- vu que le personnel de nettoyage travaillant au bé- néfice de l'administration de la Chambre des Dépu- tés est actuellement sous-traité ;

- considérant que les bas salaires, la flexibilité du temps de travail, les horaires réduits imposés, les contrats à durée déterminée sont de plus en plus la norme dans le secteur privé du nettoyage ;

- considérant que le travail du nettoyage a été offi- ciellement considéré comme un travail essentiel du- rant le confinement et de manière générale dans le contexte de la pandémie ;

- considérant que les agent.e.s de nettoyage inves- tissent un important savoir-faire et des compéten- ces dans leur travail ;

- considérant que la Chambre des Députés ait intérêt à internaliser et à participer au développement de ces compétences ;

- considérant que la Chambre des Députés peut en tant qu'employeur offrir aux agent.e.s de nettoyage de la Chambre des Députés de meilleures conditions de travail, une sécurité d'emploi et davantage de sa- laire ;

décide

- de procéder à l'embauche directe des agent.e.s de nettoyage.

(s.) *Marc Baum, David Wagner.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk), auteur.**- Eng Reso- lutioun, Här President, déi dozou opfuert, datt d'Chamber an Zukunft hiert Botzpersonal net iwwer eng Privatfirma outsourced, mee selwer eegent Botzpersonal stellt a soumat Kompetenzen in- house huet, wou se am Moment ofhängeg ass vun engem Kniewelvertrag mat enger privater Botz- firma. Ech mengen, datt dat wichteg ass. Et ass eng Valoriséierung vun der Aarbecht. An et ass virun allem eng Kompetenz, déi d'Chamber inhouse huet. An ech wier frou, wann dës Resolutioun op ganz grouss Zoustëmmung géif treffen. An ech wëll och nach derbäifügen: Eng änlech Diskussioun stellt sech ronderëm déi Leit, déi hei fir d'Chamber de Gardiennage maachen. Et ass eng Diskussioun, déi vläicht nach eng Onz méi komplex ass, mee och déi Diskussioun mussen mer als Chamber seriö ugoen.

Merci!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ganz gutt.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum.

7. Heure d'actualité de la sensibilité poli- tique Piraten au sujet de l'organisation de la sécurité publique

Da kéime mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour. D'Chamber féiert haut de Mëtteg eng Aktuali- téitsstonn iwwert d'Organisatioun vun der öffent- lecher Sécherheet, déi d'politesch Sensibilitéit Piraten ugefrot huet.

An ech géif d'Wuert ginn un den Här Marc Goergen als Verrieder vun der politescher Sensibilitéit Piraten. Här Marc Goergen, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här Pre- sident. Als Piraten hu mir dës Aktualitéitsstonn ugefrot ronderëm Sécherheetsfirmen am öffent- leche Raum. Dat, well eis de Rechtsstaat immens wichteg ass. Dat, well mir eis fir d'Wärter, fir d'Fräiheet vun eise Matbiirger asetzen an net dulde kënnen, wann hir Rechter am öffentliche Raum ver- letzt ginn.

Dofir hu mir Piraten och schonn eng Villzuel u pa- lamentaresche Froe stellt, fir op de Problem, deen hei entstanen ass, opmierksam ze maachen. Jiddwereen hei am Parlament ass hoffentlech och der Meenung, dass de Rechtsstaat net dierf verletzt ginn, a wäert dofir och genausou kritesch wéi mir do, wou e verletzt ginn ass, reagéieren.

Op där anerer Säit hu mir awer och Verständnis fir d'Problematik vun der Kriminalitéit, als Beispill hei op der Gare an der Stad. An de Virbereedungen op d'Theema hunn ech mir och déi Stater Gemengeréit ugelauschert, fir d'Situatioun besser ze analyséie- ren. Et ass awer net, well mir d'Aschätzung vun der problematescher Situatioun deelen, dass ee sech dierf egal wéi eng Mëttel, déi esou am Gesetz net virgesi sinn, eraushuelen, fir dës Situatioun unze- goen.

Wou komme mir am Rechtsstaat hi mat der Opfaas- sung „All Mëttel ass gutt, wann et den Zweck recht- fertegt, och wann et géint d'aktuell Gesetz ass“? Wéi eng Botschaft geet mat esou enger Opfaassung un d'Leit eraus? Grad wann et d'Gemenge sinn, déi géint Gesetzer verstoussen, hu mir als Parlament eng besonnesch Roll, fir de Bierger ze schützen.

Vu wéi engem Gesetz schwätzen ech?

Ma vum Gesetz, wat reegelt, wat iwwerhaupt d'Sé- cherheetsfirmen dierfen. Dat ass souguer nach vun der CSV, aus dem Joer 2002, vum 12. November. Do steet dran a limitéiert, am Artikel 2 ganz kloer, wat eng Sécherheetsfirma dierf. An eeben deen Ar- tikel seet néierens, dass et erlaabt wär, am öffent- leche Raum eng Privatfirma ze beoptragen, fir do ze patroulléieren! Artikel 14 reegelt dann och nach den Objektschutz, mee begrenzt sech op een Objet. Mir sinn also, menger Opfaassung no, hei enger Firma op der Spuer, déi enger Gemeng illegal Servicer ugebueden huet.

Liest een elo den zweete Kontrakt mat der Firma, huet dat och de Schäfferot gemierkt an nogebes- sert. Mee dat mécht awer net vergiess, dass illegal Aktivitéite bezuelt goufen! An dann och am neie Kontrakt ass et schwierig ze gesinn, wou deen dann elo legal wär. Et ass net, wann een e puer Sätz ëmdréit, ee mécht wéi wann een am Objektschutz wär, dass en da legal ass!

Et si Servicer am öffentliche Raum, déi eiser Mee- nung no just eis Police soll iwwerhuelen. Wou komme mir dann an engem Land hin, wann elo Fir- men einfach de Klienten ubidden, fir si an de Stroossen ze patroulléieren? Dat kënnen dann och Privatleit op eemol buchen. Jo, souguer Stalker,

Rietsradikaler, Bürgerwehre kéinten esou Servicer buchen. Dofir ass ganz bewosst den öffentliche Raum am Gesetz geschützt.

E weidere kritesche Punkt, deen eiser Meenung no géint de Rechtsstaat a Fräiheet verstéisst, ass, laut Rapport, Leit festzehalen, jo, wann ee liest, souguer ze intervenéieren; wat eis an enger parla- mentarescher Fro och bestätegt ginn ass. Mir Piraten soe kloer: Dat ass e bedenkeleche Wee, en ze bedenkeleche Wee, fir dass een dat einfach still- schweigend hinhuele kann! Mir sinn hei am Fall, wou eng Gemeng via Optrag higeet an d'Autoritéit vun der Police ënnergruwe weëllt oder souguer ënnergruwen huet. Dofir free mir och de Support an eiser Resolutioun, fir d'Justizministesch ze ën- nerstëtzen, fir all déi Firma genau ze iwwerpräiwen, déi géint d'Gesetz verstouss hunn an esou Servicer ugebueden hunn, a géint déi dann, sollt sech e Fee- ler eraustellen, d'Ministesch sollt weider Schrëtt ergräifen. Hei dierf just null Toleranz herrschen, wa mir eise Rechtsstaat schützen wëllen.

A menger parlamentarescher Fro un d'Ministesch Tanson an de Minister Kox deele béid Ministeren och eis Aschätzungen. Äntweren: „D'Gesetz vum 12. November 2002 stellt keng legal Basis duer fir e generaliséierten Asaz vu private Sécherheetsfirmen am öffentliche Raum“. Weider: „Si hunn [...] op- grond vun dësem Gesetz keng Befugnisser, fir generell oder ofschreckend Patroullen uechtert e Quartier [...] ze maachen“. Weider: „Et gëtt aktuell keng legal Basis, déi dës erlaabt.“

Komme mir zu de schrëftleche Rapporten, déi een dann och nach ugebuede kritt, wann een esou eng Sécherheetsfirma gutt bezilt. Krass, oder? Et kann een eng Firma bezuele fir Rapporten am öffent- leche Raum! Dat kann ee sech emol net ausdenken, esou schlëmm ass dat! An ech hu mir déi gutt Rie- den an Dokumenter duerchgelies vun de Kollege vun déi gréng, déi Lénk an och der LSAP am Stater Gemengerot. Hinnen e grouse Merci, dass si sech net ënnerdrécke loosse, si sech, trotz Pressema- deelunge vun Schäfferot géint si, net aschüchtere loosse a fir d'Fräiheet an de Rechtsstaat astinn!

(*Interruptions*)

Den dräi Parteien am Gemengerot eise ganze Res- pekt! Ech ka just hoffen, dass hir Verrieder hei am Parlament genausou fir d'Gronddrechter antrieden.

Eng Ausso ass mir besonnesch batter eropge- stouss. Am Dokument vum 25. Januar schreiwen déi dräi Parteien, dass an den Dokumenter, déi si kruten, beluecht ass - an elo haalt lech un! -, dass, no all de schéinen Antirassismusriede vun der DP an der CSV, an de beschriwwene Rapporten eng Aart „racial profiling“ dokumentéiert ass! Also, do fält ee vum Stull, sorry! Dass hei zu Lëtzebuerg esou eppes méiglech ass, an dat mat Steiergelder bezuelt! Also no der Hautfaarf an Hierkonft am ef- fentliche Raum, nee sorry, dat geet doch guer net!

Mir schwätzen hei an der Chamber vu Police- a Jus- tizfichieren, déi, zu Recht, elo reforméiert wäerte ginn, fir am Aklang mam Dateschutz ze sinn, an da fänke Gemengen un, iwwer Privatfirmen nei Rap- porten erhiewen ze loosse! Jo, wou komme mer dann do hin?! Esou Partei brauchen näischt méi géint e Policefichier ze soen, dee kloer Reegelen huet, wou gepréifte Beamten drop schaffen. Wann een als Partei selwer Firma beoptraagt, ouni ge- préifte Beamten am öffentliche Raum Rapporten ze erstellen, brauch ee sech net iwwer e Policefi- chier oder soss en Dateschutz opzereegen!

Déi Rapporten dokumentéieren - elo haalt lech fest! - och Policearbecht! Esou déi dräi Parteien. E weidere Skandal an deem ganzen Dossier.

Dofir hei eis Motioun, déi d'Inneministesch opfuert, fir ze iwwerpräiwen, wéi eng Gemengen esou Rapporte mat Racial Profiling erstelle gelooss hunn, an déi passend Schrëtt anzeleeden.

Motion 1

D'Deputéiertechamber stellt fest,

- dass e Kontrakt tëscht enger Gemeng an enger pri- vater Sécherheetsfirma, dee virgesäit, dass am ef- fentliche Raum solle Patroulle gemaach ginn, net vum Gesetz vun 2002 iwwert de Gardiennage ofge- deckt ass;

- dass et an engem gemeinsame Pressecommuni- qué vum 25. Januar vun der LSAP, déi Lénk an déi gréng heescht: „Eng éischt Asiicht an déi Dagesrap- porten (keng exhaustiv Analysen), déi vun den Agente vu GDL Security fir d'Gemeng verfaasst gou- fen, gehäit allerdéngs Froen op: Sou gi beispillsweis awer eenzel Incidenter tëschent GDL Security an der Police notéiert, d'Interventioun ausserhalb vum ef- fentliche Raum ass beschriwwen, Racial Profiling ass dokumentéiert, den Hond gëtt aktiv agesat, d'A- genten huelen eegen Initiative par rapport zu Leit, déi hirer Meenung no den Ordre public stéieren.“

Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung,

- den Asaz vu private Sécherheetsfirmen duerch Ge- menge fir eng Aktivitéit op öffentliche Plazen ze stoppen;